
# FrXebou

AM KADER VUN DE
**CHAMBERWALEN 2023**

ACEL
de Studentevertrieder



20. SEPTEMBER 2023

# Froebou

AM KADER VUN DE

**CHAMBERWALEN 2023**

ACEL
de Studentevertrieder

#Froebou2023

# >> Impressum

ACEL - Association des Cercles
d'étudiants Luxembourgeois a.s.b.l.

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

RCS Luxembourg F969

www.acel.lu
contact@acel.lu
(+352) 20 60 84 84

ACEL - de Studentevertrieder
ACEL - de Studentevertrieder
@acelluxembourg

**Koordinatioun**
Charel Donven, Cédric Heintz, Gianni Di Paoli,
Laurent Schengen

**Realisatioun**
Alexandre Luong

**Fotoen**
ACEL, AdobeStock, Editpress, Unsplash, Pixabay,
Pexels, MMTP, Luxemburger Wort

# >> Virwuert

Froebou
AM KADER VUN DE
CHAMBERWALEN 2023

Léif Student:innen,

Als Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL), de Studentevertrieder, gesi mir et als eis Aufgab zukünfteg an aktuell Student:innen ze informéieren. Mir hu festgestallt dass vill aktuell Problemer an Themen déi grad Student:inne betreffen an de verschiddene Walprogrammer fir d'Chamberwalen den 8. Oktober zu Lëtzebuerg oft zimmlech kuerz ausfalen.

Dofir hu mir eis an deem Zesummenhang dozou entschloss alle Parteien a Beweegungen zu Lëtzebuerg, déi fir d'Chamberwalen 2023 untrieden, ee Froebou mat insgesamt 42 Froen zoukommen ze loossen. Heibäi handelt et sech souwuel em Jo oder Nee Froe, wéi och em méi ëmfangräich Froe wou de Parteien a Beweegungen eng maximal Unzuel u Wieder virgi war. Dës Froen, ënnerdeelt an insgesamt 11 Themebléck, decken ee breede Spektrum un aktuellen Thematiken of mat deenen sech d'Student:innen an d'ACEL beschäftegen a sollen de Student:innen als Orientéierung fir d'Walen déngen.

D'Äntwerten op d'Froe krute mir vun der „LSAP", der „DP", „déi gréng", der „CSV", „déi Lénk", der „ADR", de „Piraten", „Fokus", a „Volt" geschéckt.

D'Reiefolleg vun den Äntwerte baséiert op de Nummere vun de Walléschten déi d'Parteie fir d'Chamberwalen zougewise kruten. Fir eis als ACEL ass et wichteg eis parteipolitesch Neutralitéit bäizebehalen. Aus dem Grond war et fir eis wichteg d'Äntwerte vun de Parteien a Beweegungen op d'Froen a kenger Aart a Weis ze bewäerten oder anzeuerdnen a ginn deementspriechend och keng Walempfeelung eng Partei ze wielen oder net ze wielen, dëst iwwerloosse mir dem:der individuelle:r Student:in.

**Ann BERTEMES**
Presidentin

**Charel DONVEN**
Vizepresident
Representatioun

# 11 Themebléck

mat insgesamt 42 Froen am Iwwerbléck

ACEL


1 **Studéieren** S.7

2 **Studentewunnengen** S.12

3 **Bourse (Aide financière)** S.17

4 **Studentefoire** S.22

5 **Accès op d'Unie verbesseren** S.26

6 **Stagegesetz** S.31

7 **Akzeptéiert Ongläichheet an der EU** S.36

8 **Attraktiven ëffentlechen Transport** S.39

9 **Uni.lu / Belval** S.43

10 **Steiererklärung wärend dem Studium** S.46

11 **Schluss** S.48

THEMEBLOCK 1

# Studéieren

ACEL
de Studentevertrieder

FRO 1

## Soll Ärer Meenung no all Schüler:in no der Première studéieren respektiv d'Méigkechkeet kréien ze studéieren?

Grondsätzlech soll all Schüler·in mat engem Premièresdiplom d'Méiglechkeet hunn studéieren ze kënnen.

Jo. D'DP wëll alle Schülerinnen a Schüler fair Bildungschancen offréieren. Dozou gehéiert och d'Méiglechkeet fir kënnen ee Studium unzefänken, dee sengem perséinlechem Wonsch an Intressien entsprécht. Fir eis ass et dobäi wichteg, dass den Zougang ob eng Héichschoul- oder Universitéitsformatioun net vum Portmonni vun den Elteren ofhänkt. Dofir wäerte mir weider all déi motivéiert Jonk finanziell ënnerstëtztzen een Héichschoul- oder Uni Ofschloss unzestriewen.
Déi béid Héichschoulministere vun der DP, Claude Meisch a Marc Hansen, hunn an de leschten 10 Joer esouwuel d'Uni zu Lëtzebuerg ausgebaut a sou souwuel fir lëtzebuerger, wéi och fir auswäerteg Studente méi attraktiv gemaach, ewéi och Lëtzebuerger Studente weider speziell ënnerstëtzt, wann se e Studium am Ausland gemaach hunn. Och goufen d'Méiglechkeet fir ee BTS-Studium vervillfältegt. Déi Politik wäert d'DP och weiderféieren.

All d'Schüler*inne sollen d'Méiglechkeet kréien, fir déi Ausbildung ze absolvéieren, déi hire perséinlechen Interessen a Kompetenzen entsprécht, an duerno an d'Aarbechtsliewen ze starten. Et soll oder muss also net all Schüler*in studéiere goen. Gläichzäiteg si mir iwwerzeegt, dass d'Fro vun der Ausbildung sech net nëmmen no der Première stellt. Et brauch liewenslaang gutt Weiderbildungsméiglechkeeten, fir dass all Mënsch am Verlaf vu senger Karriär sech berufflech ka weider- oder ëmorientéieren.

Ob all Schüler studéiere wëll, dat ass jeeweils jiderengem seng perséinlech Decisioun. Duerch Studentebäihëllefe sollen d'Schüler awer d'Méiglechkeet kréien, et kënnen ze maachen, wann se da wëllen.

Et ginn och nach aner Ausbildungen déi een no enger Première ka maachen a fir déi een net onbedéngt op eng Uni muss goen. Et ass wichteg dass des Optiounen gefuerdert ginn. Leider ass eise Schoulsystem esou gemaach, dass een wann ee bis an enger Schinn drann ass, schwéier op eppes anescht kann iwwergoen. Dat heescht mat enger Première Classique kann ee schwéier eng Formatioun fir en Handwierk ufänken, wat schued ass. Sou kann et sinn dass ee wertvoll Zäit verléiert wann engem d'Uni net gefällt an dono fällt een erëm zeréck op säi Premièresniveau ouni richteg ze wëssen wat maachen. Déi Lénk wëllen dofir schonn ab der Primärschoul en méi en diverse Schoulprogramm bidden an och d'Orientéierung an déi méi spezialiséiert Formatiounsschinnen eréischt ab 16 Joer virgesinn. Et soll awer natierlech all Schüler:in d'Méiglechkeet kréien studéieren ze goen an dat mat enger Basis bourse d'autonomie vun 450 Euro/Mount wéi déi Lénk se fuerderen. Och hei gëllt, dass een kann sech ëmorientéieren, an sech noforméieren, respektiv weiderbilden falls een net op enger Pist ënnerwee wuar déi direkt zu de Studie gefouert hätt.

Et soll jiddereen no der Première d'Méiglechkeet hunn ze studéieren, awer net jiddereen soll misse studéieren well mir brauchen och ganz vill gutt Leit an net-akademesche Beruffer. Mir wëllen z.B. d'Handwierk revaloriséieren, wéi och de Premières-Diplom. Mat der Première soll een nees kënnen eng sënnvoll administrativ B1 - Carrière an der Fonction publique maachen,ouni datt alles direkt op den Niveau A2 gehuewe gëtt. Leit déi wëlle studéieren an dofir déi néideg Qualitéiten hunn, sollen ëmmer d'Méiglechkeet hunn dat ze maachen. Dat heescht z.B. datt et keng materiell Grënn daerf ginn fir net ze studéieren. Och d'Offer u Studentewunnénge muss ausgebaut ginn, wéi och d'Zuel vun de Fächer déi ee kann zu Lëtzebuerg selwer studéieren.

Et soll kenge Schüler:innen, déi motivéiert si fir ze studéieren, (weider) Hürden an de Wee geluecht ginn. Aner Beruffer, wéi déi am Handwierk, mussen och opgewäert ginn an et muss an de Lycéeë kloer kommunizéiert ginn, dass et och eng Optioun ass fir net studéieren ze goen, mee zum Beispill eng Léier ze maachen oder direkt no der Schoul schaffen ze goen. Natierlech muss d'Politik dann och dofir suergen, dass ee mat all Beruff erëm hei zu Lëtzebuerg ka liewen.

Jidder Schüler a jidder Schülerin, deen dat wëllt, ustrieft, an d'Viraussetzungen derfir matbréngt, soll kënne studéiere goen – egal, wéi seng oder hir materiell materiell Situatioun ausgesäit. Musse soll kee guer näischt – mir verweigeren eis strikt däer vermeintlecher Noutwennegkeet, all jonke Mënsch op der Däiwel Komm Eraus an ee Studium ze kréien. Mir hätte gären éierbar Orientatioun, Informatioun, Beruffsausbildung an Unerkennung fir all déi, déi eben net studéieren, mee no enger bestëmmter schoulescher Ausbildung méi séier de Wee an de Beruff wëllen aschloen.

Jo, insofern eng Première equivalent bedeitend ass mat deem, wat een op Däitsch „Hochschulreife" nennt. D'Fro ass awer, wat dat heescht „d'Méiglechkeet kréien". Wann domat och gemengt ass, finanziell Hëllef, dann och kloer Jo. De CEDIES misst an eisen Aen erëm ofgekoppelt gi vum Akommes vun den Elteren, well dat zu Situatioune féiert, an deene Kanner net kënne studéiere goen, well hier Elteren d'Paiziedelen net erausginn. Zwar kann een da seng Eltere verkloen, mä wie mécht dat schonn? An och dann: Wann Elteren, déi vill oder genuch verdéngen, hire Kanner net ënner d'Äerm gräifen (well se z.B. de Sënn vun engem Studium net agesinn), dann ass dat Kand benodeelegt, obwuel seng Eltere gutt verdéngen. An eise Aen sollt ee Mënschen, déi volljäreg sinn, net méi vun hiren Elteren ofhängeg maachen.



## FRO 2

## Wéi wäert sech d’Studéieren Ärer Meenung no an Zukunft veränneren?

**LSAP**

Duerch d’Digitaliséierung huet d’Studéieren sech an de leschte Joren schonns immens gewandelt. Zousätzlech verännert d’Opkomme vun KI den Zougang zu Informatiounen. Deementspriechend ass et wichteg, den Ëmgang mat KI-generéierten Inhalter systematesch op der Uni ze thematiséieren. Ausserdeem ass et fir d’LSAP wichteg, datt souwuel hard skills ewéi och soft skills gefuerdert ginn, fir d’Student·innen op den Aarbechtsmarché, den am Wandel ass, gutt virzebereeden.

**DP – Demokratesch Partei**

Déi nei Technologië wäerten net just d’Inhalter vun de Studieprogrammer veränneren, mee och d’Aart a Weis wéi ënnerriicht gëtt. Et wäerten ëmmer méi Programmer à distance ugebuede ginn an doduerch wäert och d’Nofro no beruffsbegleedende Studie klammen. Am Ënnerrecht wäerten ëmmer méi digital Outilen an Technike benotzt gi wéi z.B. Virtual Reality, an d’Studente wäerten sech och mat de Virdeeler, Limitten a Risike vun der kënschtlecher Intelligenz mussen ausernee setzen. D’DP wäert dës Verännerunge genee am Ae behalen a méiglech Repercussioune fir d’Studentinnen a Studente mat der ACEL diskutéieren.

**déi gréng**

Am Kader vun der Digitaler Transformatioun a besonnesch och mat Bléck op den extrem héijen Innovatiounstempo am Beräich vun der Kënschtlecher Intelligenz wäert d’Studéieren, genau wéi d’Schoul oder d’Aarbechtsliewen, sech an deenen nächste Joren a Joerzéngte sécherlech staark veränneren. Déi gréng sinn awer iwwerzeegt, dass d’Grondiddie vum Studium, nämlech déifgräifend Wëssen ze vermëttelen an dat kritescht Denken ze entwéckelen, näischt vun hirer Wichtegkeet wäerte verléieren. Et wäert villméi drëm goen, fir erauszefannen, wéi déi Uspréch virum Hannergrond vun neie Bedingungen hir Geltung kënne behalen.

**CSV**

D’Studéiere wäert sécherlech méi digital ginn an et wäerte sech wuel och aner Studiemodeller opdoen, wat natierlech och en Afloss op d’Studenteliewe wäert hunn. Déi sougenannte “Future Skills” wäerten an deene verschiddene Studiegäng och u Bedeitung gewannen.

**déi Lénk**

Dat hänkt vu ville Fakteuren of: déi meescht Schüler:innen aus Lëtzebuerg gi jo an d’Ausland studéieren. Do spillt dann engersäits d’europäesch Politik mat (falls et an engem EU-Memberslaand ass) an déi national Politik vum Studieland, déi kënnen bestëmmen wéi selektiv a wéi deier a wéi oppen fir friem Studenten d’Unien solle sinn. Den europäeschen Bologna Prozess huet zu der Harmoniséierung vun den Diplomer ueschtert d’EU gefouert, mee gläichzäiteg och d’Privatiséierung vun den Unien ugestouss an den internationale Konkurrenzkampf tëscht den Uni’en wou et haaptsächlech ëm de Profitt geet. Och den Parcoursup System a Frankräich mécht de Schüler:innen d’Liewe méi schwéier wéi nach virun 10 Joer.

**adr**

Mat der kënschtlecher Intelligenz, dem Qualitéitsdrock duerch international Konkurrenz, der Diversifizéierung an der gläichzäiteger Spezialiséierung an dene verschiddene Studiefächer wiist de Leeschtungsdrock. D’MINT-Fächer ginn ëmmer méi wichteg. Tendenziell ginn och déi medizinesch a para-medizinesch Diszipline méi wichteg. Wat awer och u Bedeitung gewënnt si Studien, déi Wëssen a verschiddene Gebitter matenee verbannen: wéi z.B.Mathematik a Management, Chimie an Ingenieur, Robotik an Economie, an esou weider. Esou Kombinatiounen solle mir och zu Lëtzebuerg offréieren. Mir brauchen och eng Reflexioun iwwer d’Zukunft vun de Geeschteswëssenschaften an engem fir si net favorablen Emfeld. Si mussen nees doduerch u Bedeitung gewannen, datt si manner politesch a méi fachorientéiert ginn. D’Ideologiséierung vun de Studien duerch “Gender-studies” oder “inklusiivt Schreiwen” wëll d’ADR ofschafen.

**Piraten**

Nei Technologie wéi z.B. AI wäerte lues a lues d’Studéieren ewéi mer et haut kenne veränneren. Dat klassescht eppes aus engem Buch léieren an et dono zréckginn, sou wéi Aufsätz schreiwe wäert et manner ginn an et wäert méi a méi drëms goe wéi een sech déi Hëllefstechnologien am beschten zu notze mécht a wéi ee mat hinne schafft.

**Fokus**

Studéiere verännert sech, wéi d’Gesellschaft an d’Ekonomie sech veränneren. Et däerf net esou sinn, datt kaum nach ee jonke Mënsch viru sengem 30. Gebuertsdag dermat fäerdeg gëtt. Et ass vëlleg abwegeg, an do muss d’Ekonomi och dervunner fort, fir zwee oder dräi oder véier Diplomer fir irgendeng Tätegkeet zugronn ze leeën, fir déi fréier ee Grondstudium duergaangen ass.

**Volt**

Dëst ass eng philosophesch Fro a schwéier kuerz ze beäntwerten. Mir probéieren et kuerz a knapp ze halen: Studiegäng ginn ëmmer méi spezialiséiert, et wäerten ëmmer méi Leit wëlle studéieren an d’Plazen ëmmer méi begrenzt ginn. Donieft wäert héchstwarscheinlech d’KI an notamment KI-Textprogrammer e groussen Defi duerstellen. Et muss een erausfannen, wéi een Hausaarbechten an Ofschlossaarbechten elo verännere muss, fir datt se nach sënnvoll sinn. Programmer ewéi ChatGPT als pur „Fuddelmaschinnen“ ze gesinn, mat deene ee just Plagiater produzéiert, ass an eise Ae falsch. Mä et muss ee kucken, wéi d’Wëssenschaft dësen Tool sënnvoll benotze kann an och Léiermethoden deementspriechend änneren.



**FRO 3**

## Sollte Studiegäng innerhalb vun der EU harmoniséiert ginn, also d'Inhalter openeen ofgestëmmt ginn?

**LSAP**

Fir d'LSAP ass et immens wäertvoll, datt Studiegäng sech bannent der EU, jee no hirem Standuert, ënnerscheeden an Jonken domat eng breet Offer an engem Fachberäich bidden. Gläichzäiteg ass et wichteg, datt EU-wäit gewësse Standarden gëllen, déi een equivalenten Zougang zum Aarbechtsmarché garantéieren.

**DEMOKRATESCH PARTEI**

Mir setzen eis fir eng verstäerkten Zesummenaarbecht am EU-Héichschoulsecteur an a wëllen nei Kooperatiounen tëscht der Uni.lu an europäeschen Héichschoule schafen fir och d'Mobilitéit vun de Studenten ze fërderen. Hei donieft wëlle mir déi géigesäiteg Unerkennung vun den Héichschoul-Diplomer an der EU vereinfache fir datt héichqualifizéiert Leit méi séier an engem anere Memberstaat eng Aarbecht kënne fannen. Nieft de generelle Richtlinnen, déi den Ament schonn existéieren, sollen d'Inhalter vun de Studieprogrammer allerdéngs fräi vun de jeeweilege Länner, respektiv Héichschoule kënnen decidéiert ginn.

**déi gréng**

Déi gréng ënnerstëtzten d'Harmoniséierung vun den Ofschlëss mat engem Fokus op d'Unerkennung vun den Diplomer an d'Qualitéitssécherung, wéi de Bologna-Prozess se virgesäit. Doriwwer eraus si mir awer net der Meenung, dass d'Inhalter solle flächendeckend openeen ofgestëmmt ginn. Grad am Beräich vun der Héichschoul an der Fuerschung fanne mir et wichteg, dass déi verschidde Länner an Universitéiten hir Schwéierpunkte kënne setzen an hir Inhalter un d'Entwécklung vun der Technik an der Gesellschaft kënnen upassen.

**CSV**

Virop emol d'Fro, ob dat iwwerhaapt fir all Fach méiglech wier, zum Beispill Rechtswëssenschaften. Doriwwer eraus ass eng EU-wäit Harmoniséierung net sou einfach méiglech, well d'Unerkennung vun den ECTS-Punkten bei den Unie läit, sou dass et op nationalem Niveau schwéier ass z'agéieren. Et sinn deemno Ofsproochen tëschent Unien néideg, fir an deem Dossier weiderzekommen, falls den entspriechende Wëlle besteet. Virun allem am Kader vun Austauschprogrammer (Erasmus) ass et sécher sënnvoll, dat Thema unzegoen.
Als Nodeel vun enger Harmoniséierung gesi mir gewësse Verloschter bei der Vilfalt vun den Inhalter. A grad wann d'Inhalter net openeen ofgestëmmt sinn, bleift fir de Student och méi Plaz fir de perséinleche Choix. Et misst ee probéieren, fir méi Transparenz an de System ze kréien, fir dass den eenzele Student weess, op wat en sech aléisst. Doriwwer eraus misst eng Diskussioun op europäeschem Niveau gefouert ginn iwwer d'Unerkennung vun deene jeeweilegen Diplomer.

**déi Lénk**

Dat kéint problematesch ginn, well verschidden Länner an och verschidden Unien an dëse Länner hunn historesch verankert Approchen déi maachen dass fir e selwescht Fach d'Offer vun de Cours'en an den Inhalt anescht sinn, dat gëllt virun allem fir d'Humanwëssenschaften. D'Leit wielen hir Uni jo och meeschtens opgrond vun dësen Approchen oder enger bestëmmter Philosodphie vun der Uni aus.

**adr**

Nee, et soll eng Konkurrenz tëschent Länner, Universitéiten a Studiegäng ginn. Allerdéngs sollen d'Ofschlëss géigeseiteg unerkannt ginn. Niewent dem Bachelor/Master/Dokter-System soll et och nees méi Diplom-Studiegäng ginn, respektiv géigesäiteg unerkannte Staatsexamen. Ganz wichteg ass och d'Mobilitéit vu Professeren a Studenten. Fir d'ADR ass och vu Bedeitung, datt d'Unerkennung vun Diplome mat net EU-Staaten (ewéi UK, US oder CH) assuréiert ass.

**PIRATEN**

Mir si fir d'Fräiheet fir d'Wëssenschaft, dofir soll all Uni kënnen hir Studiegäng sou ubidden ewéi si et fir richteg halen. Anerersäits fuerdere mir ee méi effizient a méi onkompliziéiert Ëmsetze vum Bologna-System. Momentan ass et nach vill ze kompliziéiert a bürokratesch fir seng „Credits" mat ze transferéieren.

**FOKUS.**

Sou wäit dat méiglech ass, sollten se schon op d'mannst a graffen Zich d'selwecht ausgeriicht an opgebaut sinn. Eisen Droit ass net identesch mat polneschem, mee eng Bréck a Polen steet ënner genee deene selwechte Viraussetzungen, wéi eng bei eis. Am beschte wir et souwisou, bannent der EU schon emol grondsätzlech all Studium esou unzeerkennen, wéi dee Staat et mécht, wou dee Studium erfonnt gouf.

**Volt**

Op alle Fall. D'Bologna-Verträg erlaben zwar dat theoretescht Wiesselen vun engem Land an dat anert, wéinst konservativer Universitéitsdirectiounen awer net zwéngend ouni Verloscht. Den Ament ass et net méiglech ze garantéieren, datt all Coursen, déi an engem Land gemaach goufen, och an engem aneren unerkannt ginn. Hei misst et ganz konkret Virgaben vun der EU ginn, fir datt dat reibungslos méiglech ass. Mir denken, onproblematesch Fächer wéi Geeschtes- an Naturwëssenschaften wieren do sécherlech méiglech, sou datt een op d'mannst Bachelorstudiegäng kéint harmoniséieren.



FRO 4

## Wéi kann de Standuert Lëtzebuerg attraktiv fir Student:innen nom Ofschloss vun engem Studium sinn?

**LSAP**

Fir d'Student·innen vun der Uni Lëtzebuerg ass de Standuert Lëtzebuerg besonnesch interessant, well si dacks an hirem Studium op d'Spezifizitéite vum Land preparéiert gi sinn an deemno immens gutt Viraussetzungen fir de lëtzebuergeschen Aarbechtsmarché virweisen. Ausserdeem gouf rezent e neit Gesetz gestëmmt (PL 8227), dat d'Situatioun fir Student·innen a Fuerscher·innen aus Drëttstaaten hei am Land verbessert. D'Dauer vum Openthaltsrecht nom Depart vun der Uni, fir eng Aarbecht ze fannen oder eng Entreprise ze grënnen, gouf fir si vu 9 op 12 Méint verlängert.

**DP**

Lëtzebuerg bitt grad jonke Leit ee ganz attraktiven Aarbechtsmaart, mat ville Perspektiven a ganz ville Beräicher. D'Lëtzebuerger Ekonomie ass och ugewisen, op vill héichqualifizéiert Mataarbechter. D'DP setzt sech prioritär dofir an, datt dat esou bleift an datt grad och den Héichschoul- a Fuerschungsberäich zur Innovatioun vun eiser Ekonomie bäidréit.
Fir datt Jonker awer zu Lëtzebuerg kënne bleiwen, wäert d'DP eng ganz Rei vu Mesuren huelen, fir wunnen a liewen zu Lëtzebuerg grad fir Jonker méi attraktiv ze maachen. D'DP wëll eng historesch Offensiv am Wunnengsbau aleeden. Eist Zil ass et, fir mëttelfristeg d'Zuel vun de Wunnengen z'erreechen, déi dem Statec no néideg sinn, fir d'Demande ze befriddegen. Dofir wäerte mir eis um Beispill vun der Stad Wien inspiréieren, fir den Undeel vun der ëffentlecher Hand un den Immobilien hei am Land massiv auszebauen an dofir d'Zesummenaarbecht tëschent de staatlechen an de privaten Acteuren ze stäerken. Jonke Mënschen, déi hir éischt Wunneng kafen, wëlle mir eng eemoleg Exoneratioun vun den Droits d'enregistement accordéieren an alternativ Finanzéierungsmodeller, wéi de Mietkaf, fërderen.

**déi gréng**

De Standuert kann attraktiv sinn duerch innovativ an héichwäerteg Ausbildungsofferen, gutt Beruffsperspektiven, a virun allem awer och duerch eng héich Liewensqualitéit. Dofir setze mir eis fir e besseren Accès zum Logementsmarché fir Jonker an, souwéi och fir eng Verbesserung vun der multimodaler Mobilitéitsoffer hei am Land. Letztendlech gehéieren och e performanten a gerechte Bildungssystem, e staarken ëffentleche Gesondheetssystem, e gerechte steierleche Kader a performant ëffentlech Servicer zu deene groussen Erausfuerderungen, déi mir wëllen ugoen, an déi all zesummen d'Attraktivitéit vum Standuert ausmaachen.

**CSV**

Mir wëllen e Stipendium fir Betribsgrënnunge mat Schwéierpunkt op nohaltegen, technologeschen a wëssenschaftlechen Entwécklungen aféieren.
Mir wëllen e Starter-Kit fir Beruffsufänger aféieren. Jonk Leit solle wärend den 3 éischte Beruffsjoren a bis zum Alter vun 30 Joer geziilt steierlech entlaascht ginn.
Mir wëlle méi abordable Wunnraum schafen an d'Zougangs-Conditiounen erweideren.

**déi Lénk**

Dat hänkt och vu ville Fakteuren of, mee mir géinge mengen dass virun allem gutt Wunnkonditiounen an niddreg Wunnkäschten, d'Effikassitéit vum ëffentlechen Transportréseau, den einfachen a schnellen Zougang zu Servicer , lesswueren an Produkter déi een alt sou am Alldag brauch, eng attraktiv Kultur a Fräizäitoffer an gutt Schoulen dozou bäidroen, dass Leit nom Studium Loscht hunn nees zeréck op Lëtzebuerg ze kommen. Alles dat ass awer leider grad net de Fall.

**adr**

A ville Beruffer, ewéi z.B. am medizinesche Beräich, gëllt et eng besser work-life-balance ze offréieren. D'ADR wëll och steierlech Virdeeler fir Beruffsufänger aféieren a grousszügeg Hëllefen bei der Acquisitioun vun enger Wunneng, well jo den deiere Wunnéngsmaart leider vill Leit aus Lëtzebuerg verdreift.
Lëtzebuerg als Fuerschungsstanduert muss gestäerkt a promovéiert ginn. Och d'Startupen musse besser ënnerstëtzt ginn. Net vergiessen daerf een eng gutt kulturell Offer an e séchert a familljefrëndlecht Ëmfeld.

**PIRATEN**

Mir brauche méi beruffsbegleedend Studiegäng a verstäerkt Kooperatioun innerhalb vun der Groussregioun. Fir dass de Standuert Lëtzebuerg attraktiv fir Student:innen no hirem Ofschloss soll sinn, brauche mir genügend Wunnengen, wou se liewe kënnen ouni sech finanziell ze ruinéieren. Eise Wirtschaftsstanduert muss och weiderhi vill verschidde berufflech Opportunitéite liwweren. Virun allem bei Studiegäng, déi laang daueren, virun allem an der Medezin, muss gekuckt ginn, fir dës hei zu Lëtzebuerg ganz unzebidden, well dës Student:innen sech natierlech an all deene Jore soss ee Liewen anzwousch anescht opbauen.

**FOKUS**

Andeems Liewen zu Lëtzebuerg an allen Hisiichten – och a grad wat Wunnen ubelaangt – leeschtbar ass, hei a méi Beräicher technologesch, wirtschaftlech a sozial Attraktiounspunkter geschafe ginn an d'Abettung vun eiser ekonomescher a sozialer Realitäit an déi ganz Groussregioun resolut weidergedriwe gëtt.

**Volt**

Dat wichtegst ass emol, datt een op deene jeeweilege Universitéiten am Ausland Reklamm fir Lëtzebuerg mécht, notamment och op de Grenzen ewéi Tréier, Oochen, Metz etc. Ofgesinn dovunner muss Lëtzebuerg och seng eege Wëssenschaft an Universitéit ausbauen, well doduerch Plaze geschaf ginn an nei Wëssenschaftler*innen an d'Land zitt. Wa mer aus Lëtzebuerg e Virreider vun Innovatioun maachen, fanne sech kompetent Leit, déi heihinner kommen. Mir gesi vir, d'Ausgaben an d'Fuerschung (research & development) ëm 0,1%-Punkte pro Joer z'erhéijen, fir bis 2035 3% z'erreechen. Mir wëllen ausserdeem d'Gesellschaft op d'KI virbereeden an se och direkt reegelen, fir datt Technologie wéi d'autonomt Fuere vun Autoen besser entwéckelt ka ginn.



THEMEBLOCK 2

# Studente-wunnengen



ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 5 Ginn et genuch Studentewunnengen zu Lëtzebuerg?

| | |
|---|---|
| LSAP | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| DP (Demokratesch Partei) | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| déi gréng | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| CSV | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| déi Lénk | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| adr | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| Piraten | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| Fokus | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| Volt | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |



## FRO 6 Ginn et genuch Studentewunnengen vum Lëtzebuerger Staat am Ausland?

| | |
|---|---|
| LSAP | [x] **Jo**<br>[ ] Nee |
| DP (Demokratesch Partei) | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| déi gréng | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| CSV | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| déi Lénk | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| adr | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| Piraten | [x] **Jo**<br>[ ] Nee |
| Fokus | [ ] Jo (*)<br>[ ] Nee |
| Volt | [x] **Jo**<br>[ ] Nee |

(*) Dat ass am Fong net d'Fro. Déi laut: fanne Lëtzebuerger Studenten am Ausland eng bezuelbar Wunnéng? Et huet kee Sënn, datt de Lëtzebuerger Staat iwwerall am Ausland massiv Wunnénge keeft. Op bestëmmte Plazen, wou och Accoren zur Admissioun vu Studente vun hei existéieren, kéint de Staat allerdéngs esou Wunnéngen uschafen.

FRO 7

## Wéi gesitt dir hei de Rôle vun de Colocatiounen bei de Student:innen zu Lëtzebuerg?

**LSAP**: Fir d'LSAP ass et wichteg de legale Kader vun der Colocatioun un déi studentesch Situatioun unzepassen, beispillsweis wat d'frais d'agence an d'Cautioun betrëfft. D'Colocatiounen spillen eng wichteg Roll fir d'Student·innen ze logéieren, woubäi Standarden mussen agehale ginn, fir Abusen ze verhënneren. Ausserdeem setzt d'LSAP sech fir e Mietgesetz mat engem gedeckelt Loyer an.

**DP**: Colocatiounen kënnen eng interessant Alternativ zu de Studentewunnenge bidden. Generell wëll d'DP d'Grënnung vu Wunngemeinschaften, net just fir Studente mee och fir jonk Beruffstäteger, fërderen. Mir wäerten dofir de Gesetzkader fir Collocatiounen préiwen an d'Rechter a Flichte vun de Locatairen a Besëtzer präziséieren.

**déi gréng**: D'Colocatioun ass, nieft ëffentlechen a bezuelbare Wunnenge fir Studéierender, eng weider gutt Méiglechkeet fir ze wunnen. Si erlaabt et oft méi gënschteg ze wunnen a bitt och Méiglechkeete fir ee gesellegt Zesummeliewen. Dofir hunn déi gréng och de gesetzleche Kader vum Mietrecht iwwerschafft, fir d'Colocatioun kloer ze reegelen.

**CSV**: D'Colocatioun kann och zu Lëtzebuerg eng interessant Wunn-Alternativ fir Studente sinn a muss dréngend gesetzlech gereegelt ginn. Mir ënnerstëtzen Initiativen, déi sech dofir asetzen. Intergenerationell Colocation, wéi z.B. d'Initiativ WeConnect si weider interessant Pisten, déi sollen ënnerstëtzt ginn (dëst gären och iwwer d'Studenten eraus, fir jonk Leit, fir Leit an der Beruffsausbildung).

**déi Lénk**: D'WG'en sinn eng alternativ Wunnform déi op Solidaritéit a Convivialitéit opbauen. Des erméiglegen villen Student.innen notamment aus dem Ausland sech an enger Gemeinschaft erëmzefannen a manner isoléiert ze sinn, mee och manner vun Diskriminatiounen (Rassismus zum Bsp.) betraff ze sinn déi um private Wunnengsmarché Usus sinn. Gläichzäiteg sinn Wg'en déi momentan bëllegst Art a Weis konfortabel ze wunnen. Dofir wëllen déi Lénk dofir suergen des Wunnformen ze stäerken.

**adr**: D'ADR wëll dat rechtlecht Emfeld esou änneren, datt esou Modeller vill méi liicht ze realiséiere sinn. Sous-Locatioune fir Studenten, intergenerationnell Wunnprojeten, Wunngemeinschaftenan anerer si Méiglechkeeten fir méi Wunnraum fir Studenten ze schafen. Dowéinst misst z.B. d'WG Gesetz ëlmgeschafft ginn.

**PIRATEN**: De Rôle vu Colactiounen gesi mir als kruzial un. D'Piratepartei ass dofir, Wunngemeinschaften ze fërderen a vill méi alternativ Forme vu Wunnen z'erméiglechen, wéi z.B. intergenerationellt Wunnen, WGen, Tiny Houses, ...)

**FOKUS**: Esou, datt dee Modell dréngend muss gefërdert an ausgebaut ginn, och a virun allem op Basis vu privater Initiativ. Déi Gemengen, déi dat bis elo resolut verhënnert hunn – Stéchwuert Esch – mussen hei mat an d'Verantwortung geholl ginn.

**Volt**: D'Colocatioun ass a misst och ëmmer de Standard bleiwen. Et spuert ee Suen, et huet een eng Gemeinschaft an ofhängeg vum Studiefach souguer Hëllef. De vermeintleche „Luxus" aleng ze wunnen, huet vill Nodeeler, ënner anerem, datt de Marché un Wunnengen fir Singles vill méi kleng ass. An där Hisiicht misst de Staat och méi Wunnengen fir d'Collocatioun fir Student*innen ubidden. Mir sinn och frou, datt mat deem neie Loyers-Gesetz endlech eng legal Basis fir d'Colocatioun geschaf gëtt.



FRO 8

## Sollten et finanziell Ënnerstetzunge vum Staat ginn fir Student:innen déi eng Studentewunneng zu Lëtzebuerg sichen?

D'LSAP gesäit de Besoin Lëtzebuerger Student·innen zu Lëtzebuerg bei enger Studentewunneng finanziell ze hëllefe, wa si bestëmmte Krittären erfëllen, notamment d'Distanz zur Universitéit soll consideréiert ginn. An deem Sënn ass d'LSAP oppe fir eng Deel-Upassung vun der finanzieller Hëllef fir Student·innen.

D'Studentewunnengen, déi d'Uni Lëtzebuerg fir seng Studenten ubitt, gi fir een niddrege Loyer ugebueden. De Staat finanzéiert d'Locatioun also souwisou schonn zum Deel mat. Mir si bereet fir dëse Punkt a Gespréicher mat der ACEL ze verdéiwen.

Déi gréng sëtze sech dofir an, dass de Staat nach weider massiv ëffentlech a bezuelbar Studéierendewunnenge schaaft. Doriwwer raus sollten awer och Studéierender finanziell ënnerstëtzt ginn, déi um private Marché lounen.

De Problem besteet virun allem bei Studenten, déi méi wäit fort vun der uni. lu wunnen resp. schlecht mam ëffentlechen Transport ugebonne sinn.
De Problem ass, dass wa Lëtzebuerg eng Bäihellef fir Lëtzebuerger Studenten zu Lëtzebuerg géif ginn, da géif dat duerch d'EU-Reglementatioun als diskriminitoresch ugesi ginn. Eng méi einfach Léisung wär, méi Wunnengen duerch de Staat zur Verfügung ze stellen an déi prioritär un déi concernéiert Studenten ze verlounen.

Jo dat sollt et op mannst ginn, wann de Staat an d'Gemengen er schonn net fäerdeg bréngen méi Studentewunnengen selwer ze bauen oder an bestoenden Gebaier an hirem Besëtz ënnerzebréngen.
Dat kéint zum Beispill eng Dotatioun sinn, déi iwwer eng Ierfschaftssteier finanzéiert ka ginn an dem Student ausbezuelt gëtt. Allgemeng, muss awer gekuckt ginn dass souvill wéi méiglech ëffentlech Studentewunnengen geschaf ginn, fir ze verhënneren dass mat enger finanzieller Ënnerstëtzung fir d'Studenten op Wunnengssich, alt erëm d'Propriétairen an dat privat Immobiliekapital subventionnéiert ginn, wou d'Präisser um Marché grad verréckt spillen, an et Propriétaire ginn déi gär mam Loyer iwwerdreiwen.

Jo, esou Hëllefe soll et ginn. Et däerf een net vergiessen, datt de Wee z.B. aus dem Eisléck an d'Stad oder op de Belval och vill Zäit hëllt an datt och Studente mussen dat Recht an déi Méiglechkeet hunn sech selbstänneg ze maachen, wa si net genuch oder vläicht esouguer keng Hëllef vun doheem kréien oder wëllen.

Jo, d'Piraten setzen sech fir eng Erhéijung vun der Unzuel u Wunnengen an. Mir wëllen an der Géigend vun den Universitéitscampusse méi Studentewunnengen ubidden, zum Beispill a Form vu Wunntierm, wann dës sech gutt an dat restlecht Erscheinungsbild afügen (wéi z. B. um Campus Belval).

Et sollen erschwénglech Wunnéngen hei ginn, an ausreechender Zuel, an ee Montant u Loyer, iwwer deen eraus de Staat kann – bannent Grenzen – ee Complément bezuelen.

Jo, esou eng Allocatioun muss sech awer dem Marché an dem Wunnengszil entspriechend verhalen. Besser wier et, datt de Staat vun Ufank u méi eege Studentewunnengen zur Verfügung géif stellen.



FRO 9

## Wéi kann de Staat Lëtzebuerger Student:innen hëllefen, déi am Ausland, an hirer Studiestad, eng Wunneng sichen?

LSAP

Op den üblechen Ulafstellen (beispillsweis am Lycéeën an an der Maison de l'Orientation) solle Student·innen Informatiounen bereet gestallt ginn, wéi Internetsitten, Informatiounen zu de jeeweileg Cerclen an aner Adressen, déi se bei hirer Sich ënnerstëtzen.

DP – Demokratesch Partei

D'DP wäert mat hiren Efforte weiderfueren an d'Offer un staatleche Studentewunnengen am Ausland ausbauen.

déi gréng

De Staat ka Studéierender aus Lëtzebuerg déi am Ausland eng Wunneng sichen natierlech hëllefen, andeems e si op déi lokal Informatiounsoffer opmierksam mécht (Studierendenwerk, Crous, etc). A verschiddene Stied ënnerhält de Staat jo och Wunnengen, op déi Studéierender aus Lëtzebuerg Zougang hunn. An de Stied wou den Drock op de Wunnengsmaart besonnesch ugespaant ass, sollt ee préiwen dëse Modell weider auszebauen.

CSV

Mir setzen eis dofir an, dass den Wunnengspark vum Lëtzebuerger Staat an den Universitéitsstied entspriechend de Méiglechkeeten ausgebaut gëtt.
Doriwwer eraus ass e Service Logement z'envisagéieren, deen hëlleft, deen de Kontakt hirstellt an de ganze staatleche Park koordinéiert. Eng weider Pist ass e reegelméissegen Austausch mat de Studentecerclen an der ACEL, fir gemeinsam scho fréizäiteg ze hëllefen an Elteren a Schüler wärend dem Lycée iwwert d'Wunnsituatioun op de verschiddene Plazen z'informéieren.

déi Lénk

Andeems en de Studenten hiert Studiegeld besser un d'Liewensdeirecht vun dem Land oder der Stad upasst an dem si studéieren a wunne mussen. Et wier och ubruecht op mannst europawäit ze kooperéieren ënnert Memberstaaten déi sech verflichten fir een gewëssenen Undeel u Studentewunnengen ze schafen zu deenen eng International Studentecommunitéit einfachen Accès kritt.

adr

De Staat soll an dene besonnesche wichtege Stied fir Lëtzebuerger Studenten, Wunnengen zur Verfügung stellen, wéi dat z.B. zu Paräis/Wien gemaach gëtt. E soll och Studentenassociatounen ënnerstëtzen déi probéieren de Lëtzebuerger Studenten bei der Sich no enger Wunneng ze hëllefen.

Piraten

Et ass de Choix vum Student sech un enger auslännescher Uni unzemellen a do ass dee Moment Eegeverantwortung gefuerdert. A verschiddene Stied wéi München fanne schaffend Residente scho keng Wunneng méi an do gëtt et dann net vill wat een als auslännesch Regierung ka maachen. D'Studentecerclen sinn am beschten um Terrain vernetzt a Gruppe wéi z.B. „Immo Celb" sinn do déi beschten Ulafstellen. Et kéint een de CEDIES froen, fir dës Gruppen oder Säiten och direkt bei hinnen um Site ze verlinken, esou dass d'Leit se méi einfach fannen.

FOKUS

Dat ass net wierklech dem Lëtzebuerger Stat seng Aufgab – esou Hëllefstellunge ginn et an den Unisstied, an dobäi sollten déi Lëtzebuerger Autoritéite versichen, sécherzestellen, datt och Studente vun hei an de Genoss vun deene kommen.

Volt

Kontakter sinn hei dat Wichtegst. Wann de Staat Studenteverbänn ewéi d'ACEL weider ënnerstëtzt, kënnen Student*innen, déi schonn am Studienuert sinn, deenen hëllefen, déi do nach eng sichen.



THEMEBLOCK 3

# Bourse (Aide financière)

ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 10

**Kënnt dir garantéieren, dass de Prêt vun der Aide financière weiderhin op maximal 2% Zënse gedéckelt bleift?**

| Partei | Äntwert |
|---|---|
| LSAP | [x] **Jo** [ ] Nee |
| DP – Demokratesch Partei | [x] **Jo** [ ] Nee |
| déi gréng | [x] **Jo** [ ] Nee |
| CSV | [x] **Jo** (*) [ ] Nee |
| déi Lénk | [x] **Jo** [ ] Nee |
| adr | [ ] Jo [x] **Nee** |
| Piraten | [x] **Jo** [ ] Nee |
| Fokus | [x] **Jo** [ ] Nee |
| Volt | [x] **Jo** [ ] Nee |

(*) Et steet sou am Gesetz an dat ass nach ni geännert ginn an dat wäerte mir och esou si loossen.

## FRO 11

**Wann d'Period ufänkt fir de Prêt zeréck ze bezuelen ass de Montant duerch déi aktuell 2% Zënsen erhéicht par Rapport zu engem niddregen Zënssatz den aktuell war wéi de:d' Student:in de Prêt geholl huet. Wéi kann een dem:der jonken:er Aarbechter:in bei däser Problematik hëllefen?**

**LSAP:** Vu déi aktuell Viraussetzungen, fir de Remboursement vum Prêt, (Dauer vum Remboursement a gedeckelten Taux), gesäit d'LSAP keen Handlungsbedarf d'Konditiounen unzepassen. Fir déi jonk Beruffsufänger·innen ze ënnerstëtzen wëll d'LSAP e Steierbonus an eng Hëllef fir d'Locatioun aféieren.

**DP:** D'DP setzt sech an hirem Walprogramm fir eng steierlech Entlaaschtung vun de Privatpersounen an. An deem Kontext huet d'DP-geféiert Regierung schonn déi lescht Méint de Steierkredit vum Bëllegen Akt vun 20.000 op 30.000 Euro eropgesat. Zousätzlech ass den Abattement vun de Scholdzënsen, fir d'Finanzéierung vu selwer bewunntem Wunnraum vun 2.000 op 3.000 Euro (pro Member vum Stot) ugepasst ginn. Den aktuelle Steiersystem schreift en Héchstbetrag fir d'Ofschreiwungskategorië vir. D'DP wäert préiwen, wéi d'Ofschreiwungsméiglechkeete kënne méi flexibel gestallt ginn. Doduerch sollen d'Bierger an d'Biergerinnen hir Depensen an de verschiddene Liewensofschnëtter steierlech optimal geltend maache kënnen.

**déi gréng:** De Prêt ass op 2% gedeckelt. Grad an engem aktuellen Ëmfeld vun héijen Zënse stellt dat eng substantiell Entlaaschtung duer. Wann duerch d'Héicht vun de Prêt'en dës och béi 2% net méi ze stëmme sinn, muss gekuckt ginn, wéi een de Studéierende weider entlaascht, fir dass de Start an d'Beruffsliewen net ze staark duerch Scholde belaascht gëtt.

**CSV:** Fir „Problemfäll" gëtt et eng speziell Kommissioun, déi dës Dossieren analyséiert, fir d'Prekaritéit vun de betraffene Leit ze verhënneren. Et soll een awer méi proaktiv iwwer dës Méiglechkeet informéieren.

**déi Lénk:** Andeems een d'Zenserhéijung erausrechent an als Staat selwer finanzéiert.

**adr:** Am Abléck entwéckelen d'Zënse sech staark no uewen, esou datt déi 2% Zënsen net méi wierklech dee gréisste Problem sinn. Et muss een éichter kucken, wéi de Staat kann och bei héijen Zënstauxen de Studenten esou hëllefen, datt si geséchert studéiere kënnen an herno de Prêt och kënnen zeréck bezuelen. Dobäi gëllt et verschidden Instrumenter, inklusiv an der Steierpolitik, ze benotzen.

**Piraten:** D'Piraten wëllen d'Deckelung bäibehalen an d'Frist, no der ee muss bezuelen, verlängeren. Et soll een als ancien Student 20 amplaz 10 Joer maximal Zäit hunn, fir dee Prêt zréck ze bezuelen. Dëst reduzéiert dann och automatesch d'Mensualitéiten.

**Fokus:** Et ass net realistesch, ze erwaarden, datt een dauerhaft Prêten zu Null Zënse kann ophuelen. Wat do ënner zwee Prozentpunkte ka bis zu deenen zwee derbäikomm sinn, ass net schrecklech vill.

**Volt:** Et misst een einfach mat deem éischten Zënsaz ufänken an da progressiv no uewe goen. Alternativ kann een sech och virstellen, datt de Staat mat de Banken aushandelt, datt, am Fall vun enger Zënserhéijung iwwert d'Joeren, ee jonken Aarbechter entweder säi Prêt e Joer méi spéit réischt ufänke ka mat zeréck bezuelen oder mat engem méi niddrege Montant ufänke kann.

## FRO 12

## Wéi wëllt dir sécherstellen, datt d'Aide financière kontinuéierlech aktualiséiert gëtt fir den aktuelle Bedierfnesser an Erausfuerderunge vun de Student:innen gerecht ze ginn?

De reegelméissegen Austausch mat dem ACEL an anere wichtegen Acteuren sinn der LSAP wichteg, fir iwwert eventuell Upassungen vun der finanzieller Hëllef un aktuell Bedierfnisser ze diskutéieren. Ausserdeem schwätzt d'LSAP sech fir d'Indexéierung vun den finanziellen Hëllefen fir Student·innen aus.

D'DP huet dofir gesuergt, datt zanter 2018 d'Studenteboursen nees un d'Inflatioun ugepasst ginn. Dat war jo besonnesch déi lescht Jore wichteg.
Am Kader vun den Tripartite-Diskussiounen hat d'Regierung lescht Joer eng zousätzlech Enveloppe vun 10 Milliounen Euro fir d'Bourse d'études fräigestallt. D'Zil heivunner war et der Präisdeierecht Rechnung ze droen, déi duerch den Ukrain-Krich entstanen ass. Fir d'Rentrée 2022/23 gouf d'Bourse de base deemno vun 1050 ob 1142 Euro erhéicht, d'Bourse de mobilité vun 1286 ob 1420 an d'Bourse familiale vun 262 ob 274. D'Fourchette vun der Bourse sociale, déi tëscht 288 a 1995 Euro louch, goung ob 352 bis 2210 Euro an d'Luucht. Ausserdeem ginn d'Frais d'inscription mëttlerweil komplett vum Staat iwwerholl, dat bis ob ee Plaffong vun 3800 Euro.
D'DP wäert och an Zukunft am enken Austausch mat der ACEL analyséieren, wéi eng weider Upassunge vun den Aides financières kënne gemaach ginn.

Duerch eng gesetzlech Ännerung, déi 2016 mat der Ënnerstëtzung vun déi gréng op de Wee bruecht gouf, ginn d'Montante vun de Bourssen all Joer un den Index ugepasst. Doriwwer raus muss awer och méi kuerzfristegen Entwécklunge Rechnung gedroe ginn. Dëst war z.B. 2022 de Fall, wéi d'Regierung am Kader vun der Tripartite eng zousätzlech Enveloppe vun 10 Milliounen Euro virgesinn huet, fir d'Aide financière ze erhéijen. Och an Zukunft wëlle mir eis fir en enken Dialog mat der ACEL staark maachen, fir d'Besoine vun de Studéierenden ze kennen a fir d'Ëmsetzung vun den entspriechende politeschen Decisiounen ze begleeden.

Duerch e reegelméissegen Austausch mat der ACEL soll de Besoin jeeweils nei evaluéiert ginn an un d'Präisdeierecht ugepasst ginn. Dëse Sujet soll feste Bestanddeel vun enger järlecher Versammlung sinn.

Mir wäerten eng Autonomie-Bäihëllef aféieren vu 450 Euro pro Mount (5400 Euro am Joer) déi un all déi jonk Leit iwwer 18 Joer ausbezuelt gëtt, déi an engem Studium oder enger net bezuelter Formatioun ageschriwwe sinn, bis datt se endgülteg eng Aarbecht fonnt hunn. D'Autonomie-Bäihëllef setzt sech zesummen aus dem aktuelle Kannergeld, dat da net méi un d'Elteren ausbezuelt gëtt, den aktuelle Studiebourssen an engem Supplement vun der Zukunftskeess fir op de viséierte Montant ze kommen. Eng Kotisatioun fir d'Pensiounskeess soll vun dëser Autonomie-Bäihëllef ofgezu ginn, fir datt déi jonk Mënschen ab hirer Formatioun an de System vun der Sécurité sociale integréiert ginn. Déi komplementar Studiebourssen (Mobilitéit, sozial a Famill) bléiwe bestoen.

Duerch jährlech Evaluatiounen an, wann néideg, Upassungen am Kader vum Budgetsgesetz.

D'Aide financière soll un den Index gekoppelt sinn. Et soll allerdéngs och all Joer de Studenten nogelauschtert ginn, fir séier op nei Problemer opmierksam gemaach ze ginn. Eng weider wichteg Aide financière sinn d'Stipendien, déi hei am Land awer oniwwersiichtlech sinn. Fir dëst z'änneren, fuerdere mir d'Ariichtung vun engem Sammelpool fir Stipendien a Form vun enger Fondatioun, déi informéiert an och selwer aktiv Stipendien vergëtt.

Mir missten definitiv eng richteg Diskussioun driwwer féieren, wuerfir se gutt ass – an entspriechend handelen. Et ass fir eis duerchaus virstellbar, datt mer d'Zuel vun de Boursen an hir Montanten esou erhéigen, datt mer kënne sécherstellen, och genuch Leit ze hunn, déi nom Studium zu Lëtzebuerg Positioune besetzen.

Et muss een de d'Bourse ëmmer un den Index upassen. Gläichzäiteg sinn Organisatioune wéi den ACEL eben dofir do, op Mëssstänn opmierksam ze maachen an eng Politik muss dës Meenungen eescht huelen.



FRO 13

## Soll d'Aide financière eng Hëllef sinn oder engem erméiglechen ee ganze Studium ze finanzéieren?

**LSAP:** D'Aide financière ass virun allem eng Ënnerstëtzung, déi d'Student·innen an hirer Selbstännegkeet begleede soll.

**DP:** D'Aide financière ass wéi de Numm et scho seet eng Ënnerstëtzung fir de Finanzement vun engem Studieprogramm. D'DP wëll jidderengem onofhängeg vu sengen finanzielle Mëttelen den Accès ob d'Uni erméiglechen. D'Aide financière ass engersäits als Hëllef geduecht fir Jonker déi vun doheem aus net genuch Suen hu fir sech ee Studium eleng kënnen ze finanzéieren. D'DP huet och dofir gesuergt, datt ee komplementär zur Bourse, bis de volle Montant de Prêt kann huelen.

**déi gréng:** D'Aide financière sollt et all Mënsch erméiglechen, e Studium erfolegräich ofzeschléissen. D'finanziell Mëttele vum Elterenhaus dierfe keng Barrière si fir ze Studéieren. Just sou garantéieren mir gläich Chancë fir all Mënsch.

**CSV:** Se soll virun allem eng Hëllef sinn. D'Ënnerscheeder tëschent z.B. de Käschten op de verschiddenen Unie sinn ze grouss fir eng komplett Finanzéierung ze garantéieren. Am géigesäitegen Austausch mat der ACEL mussen d'Aidë reegelméisseg evaluéiert ginn an déi sozial Primme mussen eventuell ugepasst ginn.

**déi Lénk:** Mat der Autonomie-Hëllef verfollëgen déi Lénk kloer d'Zil et engem ze erméiglechen ee ganze Studium ze finanzéieren. Aktuell géing eng Akkumulatioun vun „eiser" Autonomie- Hëllef mat de bestoenden Hëllefen (bourse sociale, famille a Mobilitéit) eng 13000 Euro d'Joer ausmaachen. Do ass nach Sputt no uewen, wann een d'Mobilitéitsbourse kéint un déi tatsächlech Liewensdeirecht am fauslännesche Studieland upassen an och d'Aschreiwungskäschten ganz kéint iwwerhuelen.

**adr:** De Staat huet och eng Verantwortung géintiwwer de Steierbezuelen wéi hien mat hire Suën emgeet. D'Zil muss sinn, datt jiddereen ka studéieren deen dat wëll a kann, och wann e keng finanziell Ressourcen huet. Déi Leit déi dat kënnen, direkt oder no dem Studium, mussen awer en eegene finanzielle Bäitrag bréngen.

**PIRATEN:** Hei muss nuancéiert ginn an nom Akommes vun den Elteren ënnerscheet ginn. Fir Jonker, deenen hir Eltere finanziell net esou gutt opgestallt sinn, sollen et méi finanziell Hëllefe ginn, sou dass hinnen domat ee ganze Studium kann erméiglecht ginn. Fir Jonker, déi finanziell gutt situéiert Elteren hunn, soll et awer just eng Hëllef sinn an hinnen net ee ganze Studium finanzéieren.

**FOKUS:** Dorop gëtt et keng wierklech Äntwert, well deenen engen hir Usprëch net identesch si mat deenen aneren hiren. Grondsätzlech soll et méiglech sinn, bei entspriechender akademescher Leeschtung, datt ee kann ee Studium mat den Zoulage bestreiden, ouni mussen op alle méigleche Plazen zousätzlech Geld verdéngen ze goen.

**Volt:** An eisen Aen ass den Ideal, datt een e komplette Studium domat finanzéiere kann. Mä dat heescht awer net, egal wéi ee Studium an egal wou. Jee no wéi engem Standuert an jee no Fach falen aner Käschten un. Et soll een net fir de Choix vum Fach gestrooft ginn, mä de Standuert soll awer net onbedéngt grouss a Considératioun gezu ginn. Einfacht Beispill: Studéieren an Éisträich ass e gutt Stéck méi deier wéi an Däitschland – deemno muss de CEDIES net zwéngend fir béides opkommen, wann een an Däitschland en equivalente Studiegang kritt. Mä et sollt awer méiglech sinn aleng duerch d'Suen an de Prêt vum CEDIES kënnen e Studium ofzeschléissen.



## FRO 14 Sollt de Montant vun der Aide financière integral dem Kannergeld entspriechen?

**LSAP**

Fir d'LSAP sinn d'Aide financière an d'Kannergeld net mateneen ze vergläichen. Et handelt sech ëm verschidden Situatiounen a Gruppen mat ënnerschiddleche Bedierfnisser. D'LSAP steet hannert enger differenzéierter Opschlësselung vun den finanziellen Hëllefen.

**DP**

D'Kannergeld ass prinzipiell geduecht fir de Finanzement vun de primäre Besoinen vum Kand oder Jugendlechen ze ënnerstëtzen (z.B. Iessen, Kleeder,...). D'Studentenhëllef ass geduecht fir d'Käschte vun engem Studium ze reduzéieren. Béid Transferte kënnen net matenee verglach gi well se net just eng aner Zilsetzung hu mee och een anere Public cibléieren.

**déi gréng**

D'Aide financière besteet aus ënnerschiddleche Komponenten, déi jee no Situatioun och iwwert dem Kannergeld leien. Virun allem fir Studéierender, déi zu Lëtzebuerg bleiwen an also net vun der Mobilitéitsbourse profitéieren, kann de Montant jee no Akommessituatioun awer ënnert dem Kannergeld leien. Fir dëse Grupp stellt virun allem d'Wunnen eng Erausfuerderung duer. Hei brauch et onbedéngt zousätzlech Moossnamen (méi Wunnengen a gezielt finanziell Ënnerstëtzung).

**CSV**

Jo, d'Bourse de base muss mindestens sou héich si wéi d'Kannergeld.

**déi Lénk**

Mir hunn dat an der viireschter Fro beäntwert. Déi Lénk hunn d'ailleurs och ee Gesetz deposéiert, dat eng direkt Opwäertung vum Kannergeld an eng automatesch Indexéierung un d'Liewensdeirescht virgesäit.

**adr**

D'ADR wëll en Elteregeld aféieren an dat d'Kannergeld mat afléisst. D'Héicht vun der aide financière muss also no anere Critère festgeluecht ginn.

**PIRATEN**

D'Aiden sinn esou, wéi se elo sinn, am Prinzip gutt. Se sollen allerdéngs a Krisenzäiten, wéi mir se aktuell mat der grousser Präisdeierecht hunn, un d'Situatioun ugepasst ginn.

**FOKUS**

Dat ass eng ural Diskussioun, déi kengem wierklech hëlleft. D'aide financière ass net dat selwecht wéi Kanndergeld – ee Mount an enger Unisstad liewen ass en aneren Opwand wéi sengen Teenageren Boxen a Schoulsäck kafen.

**Volt**

D'Kannergeld huet an eisen Aen näischt mat der Studienhëllef ze dinn an duerf net dorunner gekoppelt sinn.

## FRO 15 Wéi soll d'finanziell Hëllef vun engem:enger Student:in ausgesinn deen:déi hallef studéiert an zugläich schafft (Dualstudium)?

**LSAP**

Schaffe wärend dem Studium dierf net penaliséiert ginn: D'Eegeninitiativ ze schaffen an/oder sech selbstständeg ze maachen soll ënnerstëtzt ginn. An deem Zesummenhang ass d'LSAP fir een graduelle System vun der finanzieller Hëllef.

**DP**

Momentan kréie Studenten ab dem soziale Mindestloun just nach e Prêt. D'DP wäert bei enger Reform vun den Aides financières mat der ACEL kucken, wéi Stagen, Salairen an Indemnitéiten ze consideréiere sinn.

**déi gréng**

D'Krittäre vun der Aide financière musse sou ausgeluecht sinn, dass och den Dualstudium onkompliziéiert ënnerstëtzt ka ginn.

**CSV**

Mir sinn eis der Problematik bewosst an oppe fir eng Diskussioun, déi onbedéngt muss gefouert ginn. Dëst gëllt och fir Studentenjobben an ënnerschiddleche Formen.

**déi Lénk**

Dat ännert eigentlech net vill wann een vun eiser Propos mat der Autonomie Bäihëllef ausgeet. Domatt soll jo sou vill wéi méiglech verhënnert ginn, dass d'Student:innen nieft hirem Studium onbedéngt musse schaffen fir sech finanziell iwwer Waasser ze halen.

**adr**

Wann e Student eege Revenuën huet, mussen déi mat an d'Berechnung vun den Hëllefen afléissen. De Staat soll awer ëmmer genuch Hëllefe ginn, fir datt jiddree ka studéieren. D'Aarbecht vun engem Student kann also keen Argument sinn, fir d'Hëllefen ze sträichen. Mir sinn och der Meenung datt de Mindestloun steierfräi soll bleiwen, datt och an dem Fall wou de Student schafft.

**PIRATEN**

Op Student:innen nieft dem Studium schaffen, soll bei der Aide financière keng Roll spillen. Besonnesch virun dem Hannergrond, dass et dacks Persoune sinn, déi aus finanzielle Grënn nieft dem Studium nach schaffe ginn, well se de Studium soss net finanzéiere kënnen, sollen si net duerch eng méi niddreg finanziell Aiden bestrooft ginn.

**FOKUS**

Dat muss sech aus engem Panorama doriwwer erginn, wat dann de Verdéngscht an esou Situatiounen ass, a wat da nach zu engem anstännege Liewe feelt.

**Volt**

Vu datt een deen Ament en Akommes huet, muss dat vun der Bourse, sou wéi all anert Akommes, ofgerechent ginn. De Prêt muss allerdéngs d'selwecht bleiwen.



THEMEBLOCK 4

# Studentefoire

ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 16

## Sollt eng Studentefoire obligatoresch fir d'Schüler:inne sinn?

| Partei | Äntwert | Partei | Äntwert | Partei | Äntwert |
|---|---|---|---|---|---|
| LSAP | [ ] Jo<br>[x] **Nee** | CSV | [ ] Jo<br>[x] **Nee** (*) | PIRATEN | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| DP Demokratesch Partei | [ ] Jo<br>[x] **Nee** | déi Lénk | [ ] Jo<br>[x] **Nee** | FOKUS. | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |
| déi gréng | [ ] Jo<br>[x] **Nee** | adr | [ ] Jo<br>[x] **Nee** | Volt | [ ] Jo<br>[x] **Nee** |

(*) Si soll sou attraktiv sinn, dass si d'Studenten unzitt. An d'Schüler sollen och am Virfeld op dës Foire zesumme vun hire Proffe virbereet ginn, fir dass si net verluer sinn.

## FRO 17

## Wéi wëllt dir garantéieren, dass déi physesch Versioun vun der Studentefoire hir Attraktivitéit bei den Exposanten a bei de Visiteure behält?

**LSAP**

Et soll jeeweils an den Lycéeën an an der Maison de l'Orientation Reklamm fir d'Studentefoire gemaach ginn. Déi physesch Versioun vun der Studentefoire soll weiderhin nieft der digitaler bestoe bleiwen. Et muss séchergestallt ginn, datt d'Schüler·inne vun der Schoul fräigestallt ginn, fir op d'Studentefoire kënnen ze goen.

**DP – Demokratesch Partei**

Obschonns déi digital Foire ëmmer méi u Popularitéit gewënnt, wäert déi physesch Versioun ëmmer nach eise Schwéierpunkt bleiwen. Fir déi meeschte Jonker ass et méi flott fir sur place mat den eenzelen Acteure kënnen ze schwätzen an zesumme mat hire Klassekomerode vu Stand zu Stand ze goen, ewéi nëmme just virtuell Informatiounen ze kréien. Am Virfeld vun der Studentefoire kann een sech awer schonn iwwer déi digital Foire informéieren an esou méi geziilt seng Froë preparéieren.

**déi gréng**

D'Studéierendefoire ass säit laange Joren eng Referenz fir vill Jonker, déi hire Start an de Studium wëlle preparéieren. Och fir d'Exposanten ass se eng eemoleg Geleeënheet, fir sech virun engem sou groussen Zilpublikum ze presentéieren. Déi virtuell Editiounen an der Pandemie waren eng gutt Saach, an och den aktuellen, hybride Konzept huet sécherlech eng Rei Pluspunkten. Trotzdeem si mir der Meenung, dass et fir d'Zukunft e Konzept fir d'Foire brauch, an dem den Accent sou wäit wéi méiglech op de Presence-Aspekt geluecht gëtt. Mir fannen et och wichteg, dass esou vill wéi méiglech Exposanten d'Méiglechkeet kréien, sech sur place kënnen ze presentéieren, och fir de Live-Evenement esou attraktiv wéi méiglech ze maachen. Nëmme sou entstinn d'Atmosphär an den direkten Echange, déi en essentielen Deel vum Studium a vum Unisliewe sinn, an déi genausou wichteg si wéi de rengen Informatiounsaspekt vun der Foire. An dem Kontext wëlle mir analyséieren, wéi sech d'Zuel vun den Unien déi vertruede sinn entwéckelt huet, fir dann ze kucken, wéi een déi Zuel rëm ka vergréisseren.

**CSV**

Mir schwätzen eis fir eng Evaluatioun vun deene leschte Studentefoiren aus, ënner Berécksiichtegung vun de Meenunge vun Exposanten a Visiteuren. Mir sinn der Meenung, dass d'Plaz vun der Studentefoire méi zentral geleeë muss sinn, fir dass se méi einfach erreechbar ass, besonnesch fir déi Studenten, déi a méi entleeëne Regioune vum Land wunnen. Fir d'Attraktivitéit ze bahalen, wier et wichteg, och Acteuren wéi der Police oder der Arméi erëm eng richteg Plaz ze ginn.

**déi Lénk**

Andeems souvill wéi méiglech an divers Exposant'en kontaktéiert ginn fir drun deelzehuelen, dat heescht net nëmmen privat Unien an privat Héichschoulen déi sech op d'Studentefoire reegelrecht verkafe kommen. Gläichzäiteg missten och méi Exposanten do vertruede sinn déi net just akademesch Ausbildungen ubidden, mee och spezifesch Formatiounen am Handwierk etc. Am Virfeld vun der Studentefoire, missten d'Servicer déi fir d'Orientatioun an de Lycéën responsabel sinn d'Schüler:innen méi gezilt iwwer d'Studentfoire informéieren.

**adr**

D'Konzentratioun vu ville méiglleche Gespréichspartner a villen Offeren op enger Plaz suergt fir vill Attraktivitéit. De Staat soll dofir suergen, datt Universitéiten, Studentenassociatiounen an Anerer kënnen zu gënschtege Konditiounen präsent sinn.

**PIRATEN**

Fir d'Piraten ass et wichteg, dass mat de betraffenen Acteuren um Terrain en Austausch stattfënnt an och op si gelauschtert gëtt. De Feedback vun den Exposanten, sou wéi dee vun de Visiteure muss gesicht an ëmgesat ginn, sou laang et an d'Konzept vun enger Studentefoire passt.

**FOKUS.**

Dat läit un deem, wat ugebuede gëtt, an dorun, ob déi potenziell Studenten d'Impressioun hunn, do géifen se eppes Sënnvolles a Nëtzleches gewuer ginn. Op alle méiglleche Banken a Mediestänn ass dat net noutwennegerweis de Fall...

**Volt**

Et gi vill Méiglechkeeten. De Standuert erweideren an net nëmmen op enger Plaz, mä am ganze Land exposéieren, et op verschidden Deeg ausweiden, etc.

## FRO 18 Sollt d'non-formal Bildung Ärer Meenung no hei eng Plaz kréien?

**LSAP**

Jo, d'Jugendparlament, den Daachverband Lëtzebuerger Jugendstrukturen an d'Parteien/Jugendparteien souwéi den Benevolat gehéieren allesamt op d'Studentefoire. Hir Presenz ass besonnesch pertinent, fir Jonker unzeschwätzen, déi plangen e Gap Year ze maachen.

**DP**

Mir hunn zu Lëtzebuerg e Mangel u qualifizéierten Educateuren. Wa mir d'Qualitéit vun der non-formaler Bildung wëlle garantéieren, musse mir an Zukunft méi Jonker fir eng Ausbildung zum Educateur motivéieren. Dofir ass et wichteg dës Ausbildung ob der Studentefoire ze promouvéieren.

**déi gréng**

Mir sinn net dogéint, mee wéilten awer am Kader vum Konzept vun der Foire klären, wéi dëse Beräich soll vertruede sinn, a wéi eng méiglechst grouss Plus-value fir d'Student*innen an d'Exposante kann erreecht ginn.

**CSV**

Jo, déi verschidde Jugendvertriedungen sollen op der Studentefoire kënne present sinn.

**déi Lénk**

Jo.

**adr**

Dat ass keng Prioritéit.

**PIRATEN**

Och wann mir wëssen, dass déi non-formal Bildung éischter privat misst vermëttelt ginn, mierke mir, dass net all Kand déi selwecht Méiglechkeeten huet eng adequat non-formal Bildung ze kréien. Dofir gesi mir et als sënnvoll un, der non-formaler Bildung eng Plattform op der Studentefoire ze bidden, och wann de Fokus vun der Studentefoire nach ëmmer op der formaler Bildung läit.

**FOKUS.**

Allerdéngs! An och doriwwer bräichte mer eng richteg Diskussioun. Déi ass fir ganz vill Mënschen op d'mannst grad esou wichteg, wéi all formellen Diplom.

**Volt**

Jo. Wann et Zesummeschlëss vu Leit, Léiergruppen oder Clibb ginn, déi hei kéinten exposéieren, géife mir et als wichteg gesinn, de potentielle Student*innen ze weisen, datt dat och zu engem Studium gehéiert.

## FRO 19 Wéi soll d'Studentefoire ärer Meenung no an Zukunft ausgesinn?

**LSAP**

D'Studentefoire soll an Zukunft weiderhin analog an digital existéieren, fir esou déi gréisstméiglech Unzuel un Interesséierten ze erreechen. Ausserdeem soll eng breet Palett vun Entreprise a potentiellen Employeuren vertruede sinn.

**DP**

Mir wäerte weiderhin op ee Mix aus physeschen a virtuellen Aktivitéite setzen. Och d'Beruffsausbildung soll nach méi eng grouss Visualitéit ob der Foire kréien. Beruffer bei deenen eng Penurie zu Lëtzebuerg besteet solle besonnesch an d'Vitrinn gestallt ginn.

**déi gréng**

Hei verweise mir op eis Äntwert op d'Fro Nr. 17. Zousätzlech zu dësen Iwwerleeunge wëlle mir d'ACEL rëm méi aktiv an d'Organisatioun vun der Foire abannen, fir se méiglechst gutt op d'Besoine vun de Jonken unzepassen.

**CSV**

Dëst ergëtt sech aus den Evaluatiounen.
Fir eis ass et wichteg, dass déi physesch Versioun vun der Studentefoire bestoe bleift. Dat ass wichteg fir den Austausch. A se soll zentral geleeë sinn a gutt mam ëffentlechen Transport z'erreeche sinn (z.B. Luxexpo) . Doriwwer eraus soll gekuckt ginn, fir d'Foire méiglechst interaktiv an nohalteg auszeriichten.
Eng weider Suggestioun ass en Info-Stand fir potenziell Studenten, deenen et aus privaten oder perséinleche Grënn (jonk Elteren; jonk Leit, déi hir Elteren doheem musse fleegen asw.) méi schwéier fällt ze studéieren: hei kréie si dann entspriechend Informatioune, wéi si trotz oder mat hire Contrainteë kënne studéiere goen.

**déi Lénk**

E bësse manner ewéi eng Foire wou sech d'Stänn an d'Schoulen versichen een deen aneren ze iwwertreffen. Et wier gutt, wann Studentegemeinschaften a -gewerkschaften och op esou Plaze vertruede wieren.

**adr**

Am beschten géif do ee Konzept passen, datt d'Studentefoire sou attraktiv ewéi méiglech géif gestalten: Also an der Kooperatioun mat verschidden anere jonke Start-Up'en zum Beispill.

**PIRATEN**

Mir fannen d'Konzept vun der Studentefoire wéi se lo ass gutt. Den Dialog mat den Acteuren um Terrain muss allefalls erhale bleiwen, well just esou ass et méiglech d'Erausfuerderungen, déi an Zukunft wäerten optauche, fréi genuch ze erkennen an d'Foire drop kennen ze adaptéieren.

**Volt**

De Konzept fannen mir a senger aktueller Form ganz gutt, denken awer, datt eng Expansioun och op anere Plazen an Zukunft muss consideréiert ginn. Engersäits en vue vun der Demografie (net jidderee huet d'Méiglechkeet an de Süden ze kommen), an och en vue vun dem Angebot, dat ëmmer méi grouss gëtt.

***Fokus:*** *keng Äntwert*

## FRO 20 Wéi eng Krittäre muss de Standuert fir d'Studentefoire erfëllen?

**LSAP**

De Standuert fir d'Studentefoire muss de Krittäre vun der Accessibilitéit mat ëffentlechen Transportmëttel a Velo erfëllen. D'Raimlechkeeten musse grouss genuch sinn, fir all d'Stänn ënnerzebréngen an Echangen ze förderen. Desweidere mussen dat techneschst Equipement disponibel sinn, fir eng hybrid Foire ofzehalen.

**DP**

De Standuert muss einfach accessibel sinn, souwuel mam ëffentlechen Transport wéi och mam Auto a mam Bus. Déi lescht Jore war d'Foire um um Campus um Belval organiséiert, Dëst huet de Virdeel, datt déi Jonk schonn direkt eng éischt Impressioun vun de Lëtzebuerger Héichschoulinfrastrukturen kréien an een europawäit eemolege Campus erliewen. D'lescht Joer, dat éischt Joer no Covid, war d'Studentefoire och nees ganz gutt besicht.

**déi gréng**

Eiser Meenung no sinn déi zwee wichtegst Krittären, dass de Site genuch Plaz bitt fir all déi Studéierend an d'Exposanten ze empfänken, déi wëllen dohinner kommen, an dass e gläichzäiteg gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen ass. Aus deenen Iwwerleeunge si mir net dogéint, fir d'Foire um Belval ze organiséieren, wat sécherlech Sënn mécht am Zesummenhank mat der Universitéit Lëtzebuerg. Mir wéilten eis awer fir d'Zukunft dofir staark maachen, dass de Site esou genotzt gëtt, dass de Presence-Deel vun der Foire ouni Aschränkunge bei der Zuel vu Visiteuren oder Exposante kann organiséiert ginn.

**CSV**

Zentral geleeën, fir jiddereen méiglechst einfach erreechbar, gutt ugebonnen un den ëffentlechen Transport (z.B. Luxexpo) a barrierefräi.

**déi Lénk**

Einfach Accessibilitéit mam ëffentlechen Transport an adaptéiert u Leit mat Mobilité réduite.

**adr**

Genuch Plaz hunn, sou zentral ewéi méiglech. Do wou déi meescht Leit a relativ kuerzer Distanz kenne laanscht kommen.

**PIRATEN**

De Standuert soll verschidde Krittären erfëllen. Zum Beispill muss de Standuert ganz gutt accessibel sinn, zum Beispill och mam ëffentlechen Transport. Dann muss de Standuert natierlech och grouss genuch sinn, fir dass eng méiglechst grouss an divers Offer ka proposéiert ginn.

**Volt**

Grouss oppen Halen, an deenen all Stand seng Plaz fir ronderëm huet, bidden sech un. Et muss gutt Méiglechkeete ginn fir net nëmme mam Auto, mä och mam ëffentlechen Transport dohinner ze kommen. Idealerweis ass de Standuert och opgedeelt, sou datt sech d'Leit net all op enger Plaz sammelen.

***Fokus:*** *keng Äntwert*





THEMEBLOCK 5

# Accès op d'Unie vereinfachen

ACEL
de Studentevertrieder

FRO 21

## Wéi kënnt dir den Accès op d'Unien am Ausland mam Premièresdiplom sou einfach wéi méiglech assuréieren?

**LSAP**

D'LSAP wëll weiderhin duerch bilateral Accorde mat Partnerlänner den Accès op d'Unien am Ausland verbesseren.

**DP**

Et ass wichteg, datt d'Primaner esou fréi ewéi méiglech hiren Diplom kréien, oder zumindest e Certificat, datt se d'Première gepackt hunn, fir deenen ennerschiddlechen Ussprëch an Delaien am Ausland esou gutt ewéi méiglech Rechnung kënnen ze droen.

**déi gréng**

Ee Punkt wou sécherlech Verbesserungspotential besteet ass bei der Unerkennung vun de Sproochkompetenzen, virum allem wat Englesch betrëfft. Hei wéilte mir zesumme mam zouständnege Ministère kucken, op et Méiglechkeete gëtt, fir déi administrativ a finanziell Hürde fir d'Schüler*innen ofzebauen, fir sech hir Kompetenzen unerkennen ze loossen. E weidere Punkt ass d'Unerkennung vum Premièresdiplom an der Belsch. Och hei wëlle mir eis dofir asetzen, dass d'Regierung de Kontakt mat den entspriechenden Autoritéite sicht, fir eng Vereinfachung am Interêt vun de Lëtzebuerger Studéierenden ze erreechen.

**CSV**

Fir d'éischt muss eng Analys vun de Schwieregkeete gemaach ginn. Eng Méiglechkeet fir Problemer ze reduzéiere kéinte bilateral Ofkommësse fir verschidde Studiegäng sinn, wat d'Unzuel vu Plaze fir Lëtzebuerger Studenten ugeet. Et muss méi transparent informéiert ginn iwwer d'Studieméiglechkeeten vun de verschiddene Sektiounen.

**déi Lénk**

Dat geet zum Beispill mam Aushandelen vun engem Quotesystem oder engem Aarrangement iwwer de Numerus Clausus, mee ass awer net einfach ze garantéieren, well all Uni trotzdem fräi ass ze maache wéi se wëll…

**adr**

Doduerch, datt d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Premièresdiplom nees an d'Luucht gesat gëtt. Ausserdem soll ee generaliséiert Cours de préparation um niveau Grandes Ecoles offréieren fir Lëtzebuerger Studenten esou héich ewéi nëmme méiglech ze qualifizéieren an op Concourë virzebereeden.

**PIRATEN**

Eis Diplomer aus dem Secondaire mussen ee gewëssen Niveau halen, fir dass d'Unien am Ausland se unerkennen. Dës weidere sollte beim Diplom direkt Iwwersetzungen op däitsch, franséisch an englesch matgi ginn, déi dann och homologéiert zu den Diplomer aus dem deementspriechenden Ausland sinn. Esou géifen administrativ Steng aus dem Wee geraumt ginn, wat d'Unerkennung vun Diplomer am Ausland ugeet.

**FOKUS**

Doduerch, datt een deen Diplom net nogehäit kritt. Also duerch eng aner Ausriichtung vum Secondaire wéi elo. Ee Secondaire's-Ofschlossdiplom fir jiddereen, deen emol an engem Secondaire war, ass déi beschte Garanti derfir, datt den Accès op auslänneschen Unien ëmmer méi schwéier gëtt.

**Volt**

Et muss schonn zu Lëtzebuerg fir déi wichtegst Länner eng Institutioun ginn, déi sech dorëms këmmert ze kucken, wéi d'Conditiounen am Ausland sinn a wéi se änneren. Deementspriechend muss ëmmer mam Educatiounsminister Récksprooch gehal ginn, fir datt ee sécher weess, wéi a wou wat méiglech ass. Gläichzäiteg muss de Staat a seng Ministere sech bei Problemer vun der Unerkennung an deene Länner dofir asëtzen, datt de Lëtzebuerger Diplom unerkannt kënnt.



**FRO 22**

**D'Schüler:innen hunn am September eng zweet Chance fir d'Premièresexamen ze packen. Oft hu si da net méi d'Méiglechkeet sech fir ee Studium unzemellen (Frankräich, Däitschland, ...) well d'Delaie laanscht sinn. Wéi kann een dëse Schüler:innen hëllefen?**

**LSAP**

An deem Hibléck, wier et sënnvoll d'Noexamen esou fréi wéi méiglech ze organiséiert an ze verbesseren, fir gegebenenfalls esou séier wéi méiglech e Certificat de Réussite auszestellen. Dobäi stelle sech ass allerdéngs eng Rei organisatoresch Erausfuerderungen an déi Concernéiert hätte manner Zäit fir sech ze preparéieren. D'LSAP ass hei oppe fir eng Diskussioun.

**DP – Demokratesch Partei**

Et ass wichteg, och deene Schülerinnen a Schüler eng fair Chance ze ginn, sech op déi zweet Sessioun kënnen ze preparéieren a sou hir Première awer nach ze packen. Dobäi brauchen se dacks och de Summer fir ze léieren.

**déi gréng**

D'Hierschtsessioun vum Premièresexamen ass wichteg, fir et de Schüler*innen et ze erméiglechen, hiert Joer net mussen ze widderhuelen. Eventuell kéint een d'Informatiounsoffer nach verbesseren, fir hinnen en Iwwerbléck ze ginn, wou si sech fir d'Summersemester nach kënnen aschreiwen. Fir dës a weider eventuell Verbesserunge sollt den Héichschoulministère d'ACEL consultéieren.

**CSV**

Dee Problem ass relativ schwiereg ze léisen, well eng gewëss Preparatiounszäit fir den Examen gebraucht gëtt. Mir sinn awer oppe fir Diskussiounen. Dat kann och e Sujet beim Ausschaffe vu bilateralen Ofkommësse mat den Unie sinn.

**déi Lénk**

Eigentlech misst et een Accord ginn op mannst mat de Nopeschlänner, fir d'Aschreiwungsfristen entweder ze verlängeren oder en zweeten Appel am zweeten Semester ze organiséieren. Soss muss een de Premièresexamen novir réckelen.

**adr**

Si solle sech nach op der Uni Lëtzebuerg kënnen aschreiwen an nom éichte Joer an d'Ausland wiesselen.

**PIRATEN**

Leider gëtt et do net vill, wat ee ka maachen. Dës Schüler:innen hunn nach d'Méiglechkeet sech an aneren Unien anzeschreiwen, déi méi spéit ufänken. Duerch eng richteg Ëmsetzung vu Bologna kéinten se dann no 1 Joer respektiv engem Semester, méi einfach op déi Uni wiesselen, op déi se eigentlech wollten.

**FOKUS.**

Duerch ee biergerlechen Déngscht, deen se an deem Feeljoer kënnen absolvéieren, an deen net nëmmen ee Revenu mat sech bréngt, mee och d'Méiglechkeet vu weidere Boursen an zousätzlecher Ënnerstëtzung – voir FOKUS-Walprogramm.

**Volt**

Mir gesinn do net vill Méiglechkeeten, well mir keen Afloss op d'Prozeduren am Ausland hunn. Ënner Ëmstänn wier et méiglech, datt de Staat probéiert mat nach méi Länner an Universitéiten auszemaachen, datt se d'Schüler*inne scho provisoresch unhuelen. Well verschidden Universitéite bidden eng virleefeg Umeldung un, wou een de finalen Examen kann noreechen.



FRO 23

**Ee:Eng Schüler:in, den:déi zu Lëtzebuerg d'Première mécht, huet um Diplom am Engleschen den Niveau B2 stoen. Fir zum Beispill an England oder an Holland ze studéiere muss hien:hat trotzdeem ee Spochentest (trotz héijem Niveau) maachen, deen oft mat Käschte fir de:d' Schüler:in verbonnen ass. Wéi kann een dës Problematik an Zukunft optiméieren?**

LSAP

Eng Piste wier et interesséierte Schüler·innen unzebidden e Sproochzertifikat am Lycée, respektiv vum Lycée begleet, ze absolvéieren.

DP

D'DP setzt sech dofir an, datt d'Lycéeën d'Moyene kréien, fir esou Sproochekueren op der 2e a 1ère ze organiséieren. Fir de Schüler wären déi Tester da gratis.

déi gréng

Hei verweise mir op eis Äntwert op d'Fro 21.

CSV

Den INLL (Institut national des langues) ass habilitéiert, fir Niveauen am europäesche Referenzkader ze zertifizéieren. Et kéint deemno eng Zesummenaarbecht tëschent de Lycéeën an dem INLL geschafe ginn, sou dass den entspriechende Zertifikat hei am Land ausgestallt gëtt a kee Sproochentest am Ausland muss gemaach ginn. Eng aner Méiglechkeet wier, den entspriechende Betrag als Zousaz zur Bourse rembouséiert ze kréien, wann een déi entspriechend Ausgab beleeë kann.

déi Lénk

Och erëm iwwer en Accord tëscht de Staaten oder andeems de Sproochentest vum lëtzebuerger Staat finanzéiert gëtt.

adr

D'ADR ass der Meenung, datt esou noutwenneg Tester am Sproocheninstitut musse kënne gemaach ginn.Si solle gratis sinn, wa si mat Erfolleg bestaane ginn.

Piraten

D'Pirate fuerderen ee méi effizient a méi onkomplizéiert Ëmsetze vu Bologna. Leider leien dës Sproochentester ënnert dem Pouvoir vun de jeeweilege Regierungen a Lëtzebuerg kann dës Länner nëmmen dozou opruffen, d'Präisser fir dës Sproochentester niddreg ze halen. D'Student:innen, déi intresséiert sinn an England an an Holland ze goen, sollen och esou fréi wéi méiglech iwwert d'Prozeduren informéiert ginn. Et ass finalement de Choix vun de Student:innen an hire Famillje fir an dës Länner studéieren ze goen.

Fokus

Andeems mer den Diplom op deen erwaarten Niveau hiewen. B2 geet fir ze studéieren net duer.

Volt

Déi Bewäertung nom Cadre européen commun de référence pour les langues ass zu Lëtzebuerg nach net ausgeräift. Mir géifen eng eendeiteg Nopréifung vun den Niveauen, baséierend um Programm, de Prüfungen an den Examen vun eise Schüler*innen, recommandéieren. Falls sech dann am internationale Verglach a mat deenen neiste Krittäre weist, datt den Niveau B2 ëmmer nach ubruecht ass, kann een héchstens zwou Saachen maachen: Den Niveau op verschiddene Sectiounen eropschrauwen oder fir betraffe Schüler schonn am Viraus e Sproochentest (zousätzlech zum Premiärsexamen z.B.) ubidden, fir datt si deen bei enger Bewerbung kënnen direkt erareechen. An anere Länner ass et üblech, international unerkannten Diplomer auszeginn, sou wéi z.B. d'Goethe-Zertifikat oder den TOEFL- Test.



## FRO 24

**D'Unisdiplomer sinn automatesch an der ganzer Benelux Unioun unerkannt. D'Schüler:innen déi an d'Belsch studéiere ginn mussen awer eng Equivalenz vun hirem Diplom heifir ufroen déi mat Käschte fir d' Schüler:inne verbonnen ass, besonnesch dann wann een den Delai beim Ministère heifir verpasst huet. Wéi wëllt dir hei de betraffene Schüler:innen an Zukunft bei döser Problematik hëllefen?**

**LSAP**

Fir esou Situatiounen virzebeugen, ass et wichteg op eng gutt Informatioun vun den interesséierte Schüler·innen ze setzen. Ausserdeem ass et generell sënnvoll bei dësem Typ vun Demarchen op d'Digitalisatioun zeréckzegräifen.

**DP**

Mir wäerten dofir suergen, datt déi betraffe Studenten an Zukunft fréi genuch doriwwer opgekläert ginn, respektiv rappelléiert kréien, datt si eng Equivalenz mussen ufroen. Lëtzebuerg huet och schonn dacks bei de Belschen Autoritéiten intervenéiert, fir déi Reegelung ze änneren. Leider bis elo ouni Erfolleg.
Lëtzebuerg ass jo Virreider an Europa, fir akademesch Diplomer automatesch géigesäiteg unzëerkennen a géif sech och wënschen, datt dat zumindest zum Deel och fir net akademesch Ofschlëss ewéi d'Première méiglech wär. Dofir mussen awer aner Länner mat op dee Wee wëlle goen. Och hei goufen éischt Gespréicher gefouert.

**déi gréng**

Och dëse Punkt hu mir scho bei der Fro 21 ugeschwat.

**CSV**

D'Belsch huet fir all Land des Prozedur virgesinn, och wa se schwéier z'acceptéieren ass. Mir sinn der Meenung, dass fir dëse Problem eng Léisung op Benelux-Niveau muss fonnt ginn.  Fir ze verhënneren, dass den Délai verpasst gëtt, soll proaktiv vum Ministère e Rappel gemaach ginn.

**déi Lénk**

Andeems déi Equivalenz ofgeschaf gëtt, well se kee Sënn mécht.

**adr**

D'Schüler solle besser informéiert ginn. Déi Fro vun der Equivalenz soll op Regierungsniveau verhandelt ginn.

**PIRATEN**

D'Pirate fuerderen ee méi effizient a méi onkomplizéiert Ëmsetze vu Bologna. Leider hëlt de Belsche Staat duerch d'Equivalenze Recetten an, op déi en warscheinlech net verzichte wëll. Lëtzebuerg kann eis Nopeschlänner nëmmen dozou opruffen, d'Präisser fir esou Taxen niddreg ze hale voir falen ze loossen. D'Student:innen, déi intresséiert sinn an d'Belsch ze goen, sollen och esou fréi wéi méiglech iwwert d'Prozedur vun der Equivalenz informéiert ginn. Et ass finalement de Choix vun de Student:innen an hire Famillje fir an dës Länner studéieren ze goen.

**FOKUS.**

Dat sollt bannent kierzter Zäit tëschent deenen zwee Länner geklärt kënne ginn. Kéint et scho laang sinn, wann sech derfir agesat gi wir.

**Volt**

Mir fannen, datt dëst en europäesche Problem ass a misst bannent der EU gereegelt sinn. Et ass z.B. och ridicule, datt een en Diplom aus Däitschland fir Honnerten Euroen zu Lëtzebuerg muss homologéiere, obwuel et souguer en Nopeschland ass. Bannent der EU muss dringend eng Variant fonnt ginn, wou een direkt zum lokalen Diplom eng „europäesch Equivalenz" kritt, déi bannent der gesamter EU unerkannt ass an no engem europäesche Standard funktionéiert.





THEMEBLOCK 6

# Stagegesetz

ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 25 Sollte Stage nom Master méiglech sinn?

LSAP: [x] **Jo** [ ] Nee

CSV: [x] **Jo** [ ] Nee

PIRATEN: [x] **Jo** [ ] Nee

DP – Demokratesch Partei: [x] **Jo** [ ] Nee

déi Lénk: [x] **Jo** [ ] Nee

FOKUS: [ ] Jo [x] **Nee** (**)

déi gréng: [ ] Jo (*) [ ] Nee

adr: [x] **Jo** [ ] Nee

Volt: [x] **Jo** [ ] Nee

(*) Dëst ass eng Fro, déi mir zum aktuellen Zäitpunkt net pauschal kënne beäntwerten. Si muss am Kader vun der Evaluatioun vum bestoende Kader mat alle Sozialpartner an de Studéierendevertrieder gekläert ginn. D'Iddi fir sougenannte „Graduate Programs" anzeféieren, wéi d'ACEL et scho gefuerdert huet, gesi mir an dësem Zesummenhang als eng méiglech Pist un.

(**) Irgend eng Kéier muss et mat de Stagen och eriwer sinn.

## FRO 26 Wéi wëllt dir garantéieren, dass all Student:in den:déi muss ee Stage maachen och ee fënnt?

**LSAP:** D'Uni spillt eng zentral Roll an der Ënnerstëtzung vun de Student·innen op hirer Sich no engem Stage. Dofir ass et sënnvoll d'Uni an dat entspriechend Personal deementspriechend ze sensibiliséieren. An deem Zesummenhang solle Partnerschaften tëschent der Uni an der Privatwirtschaft promouvéiert ginn.

**DP:** D'Servicer vun der Uni Lëtzebuerg an och d'Maison de l'Orientation kënnen de Jonken hëllefen ee Patron de Stage ze fannen. Donieft wäert d'DP och d'Entreprisen a Verwaltungen encouragéieren och universitär Stagen unzebidden.

**déi gréng:** De Staat muss seng Beméiunge verstäerken, fir Patrone ze sensibiliséieren, zousätzlech Stageplazen ze schafen. Doriwwer eraus muss et méi einfach ginn, fir d'Offer u Stagen ze kennen. Dofir sollt eng Plattform geschaaft ginn, déi Patronen a Studéierender méi no beienee bréngt.

**CSV:** D'Betriber solle konsequent sensibiliséiert ginn fir d'Bedeitung vun dëse Stagen. Eng weider Pist ass d'Organisatioun, zesumme mat de Gemengen, vun enger lokaler Stagefoire mat de regionale Betriber.

**déi Lénk:** Dofir misst ee Forum geschaf ginn an ee Service deen, domatt beoptragt gëtt den Démarchage bei den Employeuren ze maachen – ähnlech wéi d'Adem mee mat méi sozialen a pedagogesche Kompetenzen.

**adr:** Duerch eng Ännerung vum Stage-Gesetz fir datt de Patron manner Chargen an Obligatiounen huet an doduerch engem Stagiaire éichter eng Plaz gëtt.

**PIRATEN:** Betriber wëlle Stagiairen, deenen se Aufgabe kënne ginn, déi laang genuch do sinn, dass een iwwert d'Erklärphase erauskënnt an d'Stagiairen aktiv kënne matschaffen. Vill sichen och Stagiairen, bei deenen se hoffen se als zukünfteg Aarbechter:innen ze gewannen. Wéi mécht een dat am beschten? Et setzt een zum engem op längerStage bei de Schüler. Hei ass de System vun der Beruffsausbildung eng Méiglechkeet, wou een Deelzäit an d'Schoul geet an Deelzäit an de Betrib. Um Enn muss een béid Acteuren och erëm méi no beienee kréien andeems een Echangen tëscht de Betriber, de Schoulen an de Cerclen méi heefeg mécht. Dann muss ee gewëssen Niveau un Kenntnisser an der Schoule gehale ginn. Wann dëst erfëllt wier, wieren erëm méi Betriber bereet, fir Schüler a Studenten eng Chance ze ginn.

**FOKUS:** Et sollt ee vläicht emol kucken, ob een da wierklech permanent Stage soll musse maachen. A wann dat erfuerdert gëtt, vun der "akademescher Welt", da sollt déi selwer sech intensiv drëms këmmeren, datt Studenten dat kënne maachen, wat vun hinne verlaangt gëtt.

**Volt:** D'Sécherstelle vum Zougank zu engem Stage ass ëmmer verknëppt mat der Fro no der Bezuelung. Obwuel et op den éischte Bléck sécherlech justifiéiert ass, eng Bezueleung fir e Stage ze verlaangen (well all Aarbecht verdéngt e Loun), kann dësen Usaz besonnesch a manner stabille Branchen a bei méi klengen Entreprisen e Problem sinn. Natierlech ass et zu Lëtzebuerg a Beräicher wéi dem Finanzsecteur, der Ekonomie an dem Droit normalerweis kee Problem, e Stage ze bezuelen. Mä a prekäre Beräicher kéint dës Fuerderung problematesch sinn. Mir mengen dowéinst, datt et onbedéngt noutwenneg wier, ausféierlech a konstruktiv Gespréicher tëscht Student*innen, Schoulen a Gewerkschaften aus verschiddene Beräicher ze féieren, fir e Kompromëss z'erreechen. Wann dës Entscheedung ouni Ofsprooch aleng vun der Regierung getraff gëtt, kéint dat negativ Folgen souwuel fir d'Student*innen wéi och fir d'Patronen hunn.

## FRO 27

## Wéi wëllt dir d'Kommunikatioun tëscht Student:innen, Patronen an Erzéiungsinstituter punkto Stagegesetz verbesseren?

**LSAP**

D'Informatioun vun alle concernéierte Parteien ass essentiel, fir sécherzestellen, datt d'Stagegesetz respektéiert gëtt.

**DP – Demokratesch Partei**

Mat der leschter Ännerung vum Stage-Gesetz gouf eng obligatoresch Remuneratioun fir konventionéiert Stagen agefouert. Mir wëllen dofir suergen, datt sämtlech Patronen iwwer dës Ännerung informéiert sinn an dës och respektéieren.

**déi gréng**

De Staat muss hei weider Informatiounsefforten ënnerhuelen. Dat och an Zesummenaarbecht mat de Patronatsfederatiounen an der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers. Konkret wëlle mir dofir zum Beispill sécherstellen, dass op uewe genannter Plattform och eng Rubrik integréiert gëtt, wou déi Studéierent an d'Patronen op eng kuerz a verständlech Aart a Weis iwwert de gesetzleche Kader informéiert ginn.

**CSV**

Änlech wéi an der Beruffsausbildung, wou e Conseiller d'apprentissage de Lien tëschent Stagiaire, Schoul a Betrib mécht, wier et eng Méiglechkeet, och fi d'Stagë wärend der Uniszäit eng neutral Ulaf- a Kontrollstell ze schafen. Mir wäerten och déi praktesch Ëmsetzung vum Stage-Gesetz auswäerten a bei Bedarf upassen.

**déi Lénk**

Dat kann dann och iwwer de Wee vun enger Mediatioun duerch den Service geschéien de mer virdrun genannt hunn. Déi Lénk gesinn awer nach weider Nobesserungen beim Stagegesetz vir (cf. Fro 28).

**adr**

Dat geet iwwer en institutionaliséierten a regelméissegen Dialog tëschent alle Bedeelegten.

**Piraten**

Falls et Problemer an der Kommunikatioun ginn, da soll a Verhandlunge mat deene betraffenen Acteuren zesummen no enger gemeinsamer Léisung gesicht ginn, déi fir all déi Betraffe funktionéiert.

**Fokus**

Dat ass ee Gesetz, deem säi Contenu bekannt ass. An zwar eigentlech jidderengem, deen et muss applizéieren.

**Volt**

D'Lëtzebuerger Regierung kéint eng Online-Plattform ariichten, déi déi direkt Kommunikatioun tëscht de Student*innen, der Entreprise an dem Erzéiungsinstitut méi liicht mécht. Dës Initiativ géif och d'Geschwindegkeet an d'Effizienz vun dem Austausch verbesseren. D'Student*innen wieren net méi de Vermëttler tëscht der Entreprise an dem Erzéieungsinstitut fir Aufgaben wéi d'Verschécke vun der Stageconventioun oder sengem Accord, an am Fall vun enger Ännerung missten d'Student*innen d'Entreprise net nach eemol kontaktéieren. Dës Plattform géif och eng direkt Kommunikatioun iwwer méiglech Problemer erméiglechen, déi d'Student*innen oder de Patron wärend dem Stage begéinen.

## FRO 28

## Soll d'Dauer vum Stage mat an d'Proufzäit bei engem Patron erafléissen?

**LSAP**

De Stage an d'Proufzäit verfollegen ënnerschiddlech Ziler an sinn dowéinst net mateneen vergläichbar. Dofir ass et net sënnvoll d'Dauer vum Stage systematesch an d'Proufzäit erafléissen ze loossen.

**DP – Demokratesch Partei**

Dat ass am konkrete Fall mam jeeweilege Patron auszehandelen.

**déi gréng**

Aktuell ass dat net virgesin. Des Fro muss bei der Evaluatioun vum aktuelle Kader mat alle Sozialpartner an de Studéierendevertrieder geklärt ginn.

**CSV**

Am Aarbechtsrecht gëtt et en Ënnerscheed tëscht Stage an Aarbecht. Deen Ënnerscheed kann een net ophiewen. Fir de Rescht soll et dem Patron fräigestallt sinn, d'Stage-Zäit unzerechnen.

**déi Lénk**

Eng Proufzäit soll net virgesi sinn am Kader vun engem obligatoresche Stage. Wann déi gesetzlech Limitt vun der Stagendauer also 6 Méint am Fall vun engem praktesche Stage bei engem Patron erreecht ass, misst de Patron de Stagiaire usech astellen an an dem Fall wieren déi 3 Méint Proufzäit iwwerflësseg.

**adr**

Dëst ass eng Verhandlung tëschent denen direkt Concernéierten.

**Piraten**

Wann eng Persoun ee Stage bei engem Betrib mécht, an dësen duerno déi Persoun wëll astellen, hat de Patron schonn d'Chance fir dës Persoun kennen ze léieren an sech ee Bild vun hire Kenntnisser ze maachen. Mir Piraten wieren oppen, fir d'Gesetz deementspriechend unzepassen. Natierlech misst hei dann eng Limitt gesat ginn, wéi laang de Stage am Betrib dierf hir sinn.

**Fokus**

Nee. Dat ass gesetzlech guer net ze bewierkstellegen, well et verschidde Saache sinn.

**Volt**

Dës Propose klëngt logesch. D'Proufzäit dëngt dozou, ze kucken, ob deen zukünftegen Employé fir déi Plaz géeegent ass. Obwuel een natierlech argumentéiere kann, datt dat elo net deen Haaptzweck vum Stage ass, ass d'Resultat an der Praxis änlech: De Patron kritt d'Méiglechkeet ze kucken, ob de Stagiaire oder den Employé fir déi Plaz eppes daacht. Dat wier souwuel fir de Patron wéi och fir de Stagiaire e Virdeel.

FRO 29

## Wéi schützt dir de:d' Student:in virum Abus bei Stagen?

LSAP

Fir d'Stagiairen virun Abusen ze schützen ass d'Informatioun iwwert hir Rechter a Flichten elementaire. Doniewent kann eng zentral Ulafstell op der Uni Reklamatiounen ophuelen an d'Student·innen bei Bedarf ënnerstëtzen.

DP

Am Gesetz sinn d'Rechter an d'Flichte vun de Stagiairen an dem Patron kloer gereegelt. Iwwer d'Sensibiliséierungs- an Informatiounscampagnen sollen béid Partien doriwwer opgekläert ginn. Eventuell Litigë mussen opgedeckt a entspriechend bestrooft ginn.

déi gréng

Nieft der gezielten Sensibiliséierung vun de Patrone mussen och Studéierender méi proaktiv iwwert hier Rechter informéiert ginn. Am Fall vun Abus muss schnell an decidéiert reagéiert ginn.

CSV

Cf. Äntwert op Fro 27

déi Lénk

Mir wëllen d'Stagë vun de Schüler a Studenten besser encadréieren, andeems d'Stagen am Kader vum Enseignement op ee Mount begrenzt ginn. Se sollen och u pedagogesch Krittäre gebonne ginn a mussen obligatoresch bezuelt ginn. All Stage deen iwwert ee Mount eraus geet, muss als eng bezuelten Aarbecht ugesi ginn op där déi obligatoresch Cotisatioune mussen opgehuewe ginn. Op der Vakanzenaarbecht vu Schülerinnen a Schüler musse Cotisatioune fir d'Pensiounskeess bezuelt ginn.

adr

Et gëllt dat allgemengt Aarbechtsgesetz.

Piraten

D'Piraten setzen sech a fir qualitativ héichwäerteg Stagen a korrekt Aarbechtsbedingungen. D'Aarbecht, déi am Kader vun engem Stage gemaach gëtt, muss e wesentlech pedagogesche Charakter hunn. Och soll et net eng bëlleg Léisung sinn, fir vollwäerteg Aarbechtsplazen ze ersetzen. Et kënnt vir, dass Stagen duerch Stagiaire genotzt gi fir d'Mataarbechter ze ersetzen. D'Stagiaire sinn dann ongënschtegen Aarbechtskonditiounen ausgesat am Verglach zu deenen, déi d'Mataarbechter ausgeüübt hunn, besonnesch wat d'Längt vun der Presenz ugeet. D'Piraten sinn der Meenung, dass wéi beim Interim, d'Astelle vu Stagiaire fir fest Plazen am Betrib z'ersetzen net erlaabt soll sinn. Hei muss d'ITM méi streng kontrolléieren.

Fokus

Wéi jiddereen: esou, datt op d'Anhale vu gesetzleche Bestëmmungen insistéiert gëtt. Doriwwer eraus: Stage si jo dacks Geleeënheete, fir Aarbechte gemaach ze kréien, fir déi ee net oder lächerlech wéineg muss bezuelen. Et sollt eng generell Diskussioun driwwer gefouert ginn, wuerfir Stage gutt sinn, a wéi se remuneréiert ginn.

Volt

Een Usaz wier d'Verbesserung vun engem bestëmmten legislative Punkt: D'Sensibiliséierung, d'Informatioun an d'Transparenz vis-à-vis vun de Patronen an den Erzéiungsinstituter bzgl. de Rechter a Flichten am Stage an d'Suitte vun engem Abus vun engem*enger Stagiaire. Dës Initiativ kéint dozou bäidroen, datt déi betraffen Institutiounen iwwert déi ethesch a rechtlech Froen opgekläert ginn.
Fir d'Stagiairen awer wierklech kënnen ze schützen, ass et och wichteg, datt d'Legislatioun streng Sanctioune fir de Fall vun engem Abus vun engem Stagiaire virgesäit. Dës Sanctioune sollen ofschreckend genuch sinn, fir de Patron dovunner ofzehalen, géint d'Rechter an déi fair Aarbechtskonditiounen vu Stagiairen ze verstoussen.



**FRO 30**

## Gesitt dir ee potentielle Problem doranner dass eng ASBL eventuell net d'Moyen huet fir Stage bezuelen ze kënnen? A wa jo, wéi kéint een den ASBLen hëllefen?

**LSAP**

D'Ënnerstëtzung vun den ASBL'en ass net am Zesummenhang mat Stageplazen ze considéréieren. Par contre wëll d'LSAP de Benevolat verstäerkt promouvéieren, z.B. duerch e spezielle Congé oder/an eng entspriechend Bourse.

**DP – Demokratesch Partei**

Et gëtt ganz ënnerschiddlech ASBLen, sécherlech och Strukturen, déi Moyenen hätten, fir Stagiären ze bezuelen.

**déi gréng**

Verschidden Organisatiounen hu kee Budget fir d'Bezuelen vun Stagiairen virgesinn, dat dierf awer net zu Laaschte vun de Studéierende goen an ass kee Grond, dat aktuellt Stagegesetz net ze applizéieren. Léisunge fir dës Problematik mussen innerhalb vun den ASBL'en bzw. mat hire Konventiounspartner fonnt ginn.

**CSV**

Dee Problem kann och bei klenge Betriber bestoen, sou dass et schwiereg ass, eng allgemeng Ausnam fir ASBLen ze maachen. Mir sinn eis awer bewosst, dass et virun allem am soziale Beräich Problemer gëtt, wou een eventuell eng staatlech Ënnerstëtzung vun dësen ASBLen, déi Stagen ubidden, kéint virgesinn. Mir si gäre bereet, iwwer des Problematik ze diskutéieren.

**déi Lénk**

Jo dat ass ee Problem. Et ass allgemeng ee Problem dass verschidden Asbl'en notamment am sozial an edukative Wiesen déi en Deel vun der Aarbecht vun de staatlechen Institutioune maachen net genuch subventionnéiert ginn, oder net genuch Conventiounen vun de responsabele Ministäre kréien fir anstänneg ze funktionnéieren a Leit anzestellen.

**adr**

Dat hänkt dovun of, ëm wéi eng asbl et sech handelt. De Staat kann net alles fir jiddereе bezuelen. Wann et awer eng asbl ass, déi eng Aarbecht am ëffentlechen Interessi mécht, kann de Staat och en Interessi dorun hunn den Engagement vu Stagiairen ze favoriséieren.

**Piraten**

ONGen hunn schonn esou Problemer matgedeelt a froe méi Moyene fir kënnen hir Leit ze bezuelen. Mir Piraten sinn der Meenung, dass d'Entwécklungshëllef muss konstant 1% vum RNB als Budget hunn, dëst iwwert eng Referenzperiod vun 3 Joer gekuckt.

**Fokus**

De Staat ka net ufänken, ASBLen derfir ze bezuelen, datt si Stage bezuelen.

**Volt**

Dat ass effektiv bedauerlech. Den Ament geet d'Nofro no Master-Studiegäng am Management (HEC etc.) mam Schwéierpunkt op sozialen an nohaltegen Entreprisen ëmmer méi erop. NGOen an ASBLen bidden en ideaalt Ëmfeld an deem Kontext. Et wär wënschenswäert, datt de Staat en eegene Budget fir sou Finanzéierunge vu Stagiaire virgesäit an esou, wann och just zu engem Deel, dës Entreprisen ënnerstëtze kann.



THEMEBLOCK 7

# Akzeptéiert Ongläichheet an der EU



ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 31

**Sidd dir der Meenung, datt et Ongläichbehandlung vu Student:innen an der EU, besonnesch wat d'Käschten ugeet, ginn?**

*(Beispill : D'Student:innen déi eng hollännesch Bourse bezéien hunn d'Recht drop, den ëffentlechen Transport gratis ze benotzen. Gläichzäiteg sinn auslännesch Student:innen déi keng Bourse vum hollännesche Staat kréien, vun dësem Privileeg ausgeschloss. Dobäi kënnt, dass den ëffentlechen Transport an Holland relativ deier ass.)*

| Partei | Äntwert |
|---|---|
| LSAP | [x] **Jo** [ ] Nee |
| CSV | [x] **Jo** [ ] Nee |
| PIRATEN | [x] **Jo** [ ] Nee |
| DP Demokratesch Partei | [x] **Jo** [ ] Nee |
| déi Lénk | [x] **Jo** [ ] Nee |
| FOKUS. | [x] **Jo** [ ] Nee |
| déi gréng | [x] **Jo** [ ] Nee |
| adr | [x] **Jo** [ ] Nee |
| Volt | [x] **Jo** [ ] Nee |




## FRO 32

**Haalt dir et fir néideg, dass Lëtzebuerg sech op EU Niveau fir d'Gläichheet vun de Studenterechter asetzt?**

| Partei | Äntwert |
|---|---|
| LSAP | [x] **Jo** [ ] Nee |
| CSV | [x] **Jo** [ ] Nee |
| PIRATEN | [x] **Jo** [ ] Nee |
| DP Demokratesch Partei | [x] **Jo** [ ] Nee |
| déi Lénk | [x] **Jo** [ ] Nee |
| FOKUS. | [x] **Jo** (*) [ ] Nee |
| déi gréng | [x] **Jo** [ ] Nee |
| adr | [x] **Jo** [ ] Nee |
| Volt | [x] **Jo** [ ] Nee |

(*) Dat ass generell nach ëmmer ee Probleem op ville Niveauen a fir vill Kategorie vu Leit. Do muss sech weider drëm gekëmmert ginn. Vläicht wir et eng gutt Iddi, wann emol déi Lëtzebuerger Acteuren an den Europäeschen Institutiounen (Parlament a Kommissioun) géifen eng gréisser Initiativ fir flächendeckend Gläichbehandlung lancéieren.

## FRO 33

**Wéi eng konkret Schrëtter plangt dir ze ënnerhuelen fir aktiv d'Gläichheet vun de Studenterechter an der EU ze fërderen an ze garantéieren, datt d'Lëtzebuerger Student:innen déi selwecht Chancen hunn wéi hir EU Kolleeg:innen?**

**LSAP**

Vu datt et sech bei der Educatioun, respektiv dem Enseignement supérieur ëm eng national a net ëm eng EU-Kompetenz handelt, ass et schwiereg d'Ongläichheeten tëschent den EU-Student·innen ze eradikéieren. Déi Lëtzebuerger Student·innen beneficiéieren vun enger finanzieller Ënnerstëtzung déi eenzegaarteg ass, an déi deemenstpriechend am absolutte gesinn Ongläichbehandlungen an aneren EU-Länner ophieft. Wann et bedeitend Ongläichbehandlunge vu Lëtzebuerger Student·innen gëtt, déi vun der finanzieller Hëlleft net deelweis ofgefiedert sollte ginn, ass d'LSAP oppe fir eng Diskussioun mat der ACEL.

**DP – Demokratesch Partei**

D'DP wäert weiderhin den Echange mat den auslänneschen Autoritéite fleegen an si op d'Situatioun an d'Besoine vun de Lëtzebuerger Studenten am Ausland opmierksam maachen.

**déi gréng**

Grondsätzlech ass et natierlech richteg, dass et d'Aufgab vun der EU an och vu Lëtzebuerg ass, fir géint esou Ongläichheete virzegoen. Gläichzäiteg ass et sou, dass et an dësem Kontext eng Ausnamereegelung an den EU-Texter gëtt, déi virgesäit, dass net all EU-Bierger*in Urecht op d'Studiebäihëllefen an all EU-Land huet, woubäi déi verschidde Länner ënnerschiddlech ausleeën, wéi eng Virdeeler ënnert dës Hëllefe falen. Hei gëllt et net ze vergiessen, dass Lëtzebuerg insgesamt e ganz avantagéise Kader bei de Bourssen a Prêten huet, den däitlech méi virdeelhaft ass wéi an anere Länner. Wa mir de Grondprinzip vun den EU-Texter net a Fro stellen, da wëlle mir eis awer um Niveau vun der Applikatioun fir eng méiglechst fair Applikatioun asetzen.

**CSV**

Fir eventuell Ongläichheeten z'identifizéieren, géife mer op d'Erfarungswäerter vun der ACEL setzen. A bilaterale Gespréicher soll dann no Léisunge gesicht ginn.

**déi Lénk**

Wat lo zum Beispill d'Medezin betrëfft, wëlle mer fir den Zougank zu den universitäre Studien z'erliichteren a letztendlech och d'Zuel vun Dokteschen an Dokteren z'erhéijen, den Zouganksssystem zu de medezinesche Studien reforméieren. De numerus clausus ass kee gutt Instrument fir d'Eegnung vun den zukünftegen Dokteschen an Dokteren um Terrain z'evaluéieren. Mir wäerten d'Aschréifgebühre op der Uni.lu suppriméieren.
Mir géingen eis natierlech fir eenheetlech Aschreiwungsgebühren an der EU an och eng Harmoniséierung vun den Aschreiwungs an Admissiounskommissioune staark maachen, déi leider net esou am Bolognaprozess virgesi wuaren. Dofir misste mer also europäesch Verträg ännere goen wat allgemeng eng Fuerderung vun eis ass.

**adr**

Dat si Froen, déi een an engem EU-Ministerrot Educatioun kann diskutéieren. All Land huet seng eege Systemer, z.B. am Gesondheetswiesen. Et soll ee probéieren fir EU-wäit- Regelungen ze fannen fir de Studenten e méiglechst eenheetleche Statutt ze ginn.

**PIRATEN**

Hei kënnen d'Regierungsvertrieder nëmmen de konstante Kontakt mat hiren auslänneschen Homologe sichen, an d'Thema konsequent uschwätzen.

**FOKUS.**

Wéi bei der leschter Fro ugedeit: et sollt en Inventaire vun de Schwieregkeeten an de konkrete Fäll vun ingläicher Behandlung gemaach ginn, an eis Vetrieder an den europäeschen Institutiounen sollten dann aktiv ginn: entweder kënnen d'Problemer duerch europäesch Regele geléist ginn, oder d'Regirung muss bilateral handelen.

**Volt**

Eis geet et net drëms, besonnesch d'Lëtzebuerger Student*innen ze fërderen. Als Deel vu Volt Europa an enger Visioun vun engem groussen a fairen Europa sëtze mir eis fir eng nach méi enk Zesummenaarbecht bannent der EU an. An hei wier et un der Zäit, fir am selwechten Otemzuch wéi en Iwwerschaffe vun de Bologna-Verträg an dem Unerkennen vu Leeschtungen souwéi engem verbesserten Vergläichssystem vun deenen ënnerschiddleche Studiegäng och eng europäesch Bourse anzeféieren. Do ginn et Modeller, déi z.B. de PIB vun engem Land consideréieren, an da géifen z.B. déi Student*innen aus méi schwaach gestallte Länner en Ausglach vu Säite vun der EU kréien – sous condition, datt et iwwerall eng gewëssen Zomm Bourse gëtt. Donieft ënnerstëtze mir d'Kolloboratioun vun den europäeschen ëffentlechen Verkéiersmëttel, soudatt een sech do och EU-Gesetzer ka virstellen, déi virschreiwe géifen, datt z.B. den ëffentlech Transport am Studieland fir Student*innen gratis muss sinn. Mir hunn och eng Biergerinitiativ an der EU lafen, déi weiderhin den EuroTrain promouvéiert.





THEMEBLOCK 8

# Attraktiven ëffentlechen Transport

ACEL
de Studentevertrieder

FRO 34

## Wéi kann een den ëffentlechen Transport fir d'Universitéiten zu Lëtzebuerg verbesseren?

Als LSAP wäerte mir eis dofir asetzen, datt déi grenziwwerschreidend Mobilitéit sech an enker Zesummenaarbecht mat eise Nopeschlänner weiderentwéckelt.

Laangfristeg gesin wäerte mir de Projet vum "séieren Tram" tëscht der Stad Lëtzebuerg an dem Belval ëmsetzen, deen eng Alternativ zum Zuchtransport ka bidden. Och d'Vëlosinfrastrukturen ronderëm d'Uni-Campusse wäerte mir weider verbesseren. No der Fäerdegstellung vum Ausbau vun der Beetebuerger Gare wëlle mir och méi Zuchverbindunge vun Diddeleng an d'Staat an op de Belval ariichten. D'DP wäert bis déi schinnegebonne Verbindunge verbessert sinn, de Bustransport a Richtung vum Campus Belval stäerken.

D'Stad krut ënnert gréngger Regierungsbedeelegung endlech den Tram, genee wéi och nei Garen (z.B.Pafendall-Roud Bréck) an zanter 2020 ass den ëffentlechen Transport a ganz Lëtzebuerg gratis. Parallel dozou gëtt intensiv u ville weidere Projet geschafft, wei der Vergréisserung vun der Gare Lëtzebuerg, der Erneierung vun de wichtegste Garë wéi Beetebuerg an Ettelbréck, an et gouf neit modernt Zuchmaterial kaaft. Mat dësen neien Zich gëtt de Komfort däitlech besser an d'CFL kritt Plaz fir 40% méi Passagéier! Nei Projete wei de "Schnellen Tram" tëscht der Stad an dem Esch/Belval kombinéiert mat der Optimisatioun vun den TICE Buslinen, inklusiv enger wichteger Ost-West Bus-Verbindungen tëscht Diddeleng a Péiteng - queesch duerch d'Südgemengen - wäert déi eenzel Studente-Campusen optimal mateneen verbannen. A well d'Studentenzäit jo net just aus Virliesunge besteet, wäerte mer och d'Owesan d'Weekend-Horairë vum ëffentlechen Transport weider verbesseren. Mam zäitnoen Ofschloss vun de grousse Kapazitéits- a Moderniséierungs-Aarbechten beim Zuch, wäert elo och d'Pünktlechkeet an d'Zouverlässegkeet vum ëffentlechen Transport besser ginn, an eng vun eisen Haaptprioritéite sinn.
An eisem Walprogramm engagéiere mir eis z.B. fir 1) d'Aféiere vun enger „Anschluss-Sicherung", wou d'Busser an Zukunft 5min op den Zuch waarden, wann dee Verspéidung huet, 2) fir e „Gleisdräieck" tëscht Nidderkuer, Péiteng an Käerjeng, deen d'Fuerzäit tëscht Déifferdeng an der Stad ëm 15min géif verkierzen, a proposéieren lech nach vill weider Iddie fir den ëffentlechen Transport méi effikass, sécher an attraktiv ze maachen, an dat och fir Reesender mat Vëlo oder Trottinette.

D'Pünktlechkeet soll allgemeng verbessert ginn, dëst och duerch den Ausbau vun den Infrastrukturen. D'Horairen vu Bunn a Bus musse besser openeen ofgestëmmt ginn D'Machbarkeet vun Direktlinne soll evaluéiert ginn. Dat eleng geet awer net duer. Fir déi Studenten, déi op den Auto ugewise sinn, wëlle mir e spezielle Parkingstariff bei der Uni aféieren.

Mir wäerten allgemeng d'Offer vum RGTR am ländleche Raum verbesseren, ënnert anerem mat enger méi héijer Frequenz vun de Verbindunge virun allem wärend de Spëtzenzäiten. Op den Haaptlinne muss d'Offer de Weekend a wärend der Nuecht erweidert ginn. Mir proposéieren e regionale Reseau ze schafen mat schinnegebonnenem ëffentleche Transport (S-Bunn an Tram) deen d'Haaptstad verbënnt mat regionalen Verkéiersknied.
Mir wëllen och d'Offer u sécher Vëlospisten weider ausbauen, net nëmme bannent den Uertschaften, mä och um regionalen Niveau. Dofir soll eng national Vëlosstrategie ausgeschafft ginn an Zesummenaarbecht mat den Associatiounen a Biergerinitiativen déi an deem Beräich engagéiert sinn
Eng aner Méiglechkeet wier en Navettesystem fir Student.innen déi op e puer Plazen am Land kënnen ofgeholl ginn.

Déi Fro fléisst mat an déi allgemeng Diskussioun iwwer den ëffentlechen Transport an. Do ass all Verbesserung wëllkomm. Fir d'ADR ass awer och wichteg, datt den Auto net vergiess gëtt an datt z.B. iwwerall genuch Parkplaze sinn.

Den ëffentlechen Transport muss dohi verbessert ginn, dass d'Offer och iwwert d'Grenzen eraus méiglechst divers an zäitlech flexibel ass. Vill Studente wunnen net hei zu Lëtzebuerg, mee am Grenzgebitt vun eisen Nopeschlänner. Et muss dëse Student:inne méiglech sinn, einfach an onkompliziéiert zu ville verschiddenen Zäiten op d'Universitéit ze kommen.

Et misst virun allem endlech eng séier a kohärent Verbindung tëschent dem Belval an der Stad Lëtzebuerg geschaf ginn. Déi gouf bis haut och vun den Escher Autoritéiten ëmmer verhënnert, dobäi war se deemools als Viraussetzung derfir geduecht, d'Uni iwwerhaapt um Belval unzesiddelen.

Den ëffentlechen Transport muss allgemeng méi ausgebaut ginn an et ass un der Zäit, datt den ëffentlechen Transport endlech de Virrang virun dem Privatverkéier kritt. Vu datt den ëffentlechen och nach gratis zu Lëtzebuerg ass, mussen endlech méi Busser a méi Zich fueren, et musse méi Bus- a Velosspueren gebaut ginn an och erëm méi kleng Garen zu Lëtzebuerg entstoen, sou datt een och aus klengen Dierfer keng enorm laang Weeër fir op d'Äaarbecht, an d'Schoul oder op d'Uni huet. Dëst ass en plus wéinst dem Klimawandel dringend (!) néideg.



**FRO 35**

## Wéi wëllt dir d'Zesummenaarbecht mat den Nopeschlänner verstäerken fir een attraktiven ëffentlechen Transport an der Groussregioun ze schafen?

Zousätzlech gesäit d'LSAP vir Park-&-Riden, mat enger gudder Ubannung un den ëffentlechen Transport, op de wichtege Platzen an der Grenzregiounen, voire an de Nopeschlänner, ze bauen.

De Schinnentraffic wäert weiderhin am europäeschen an am internationale Reesverkéier eng zentral Roll spillen an ausschlaggebend fir d'Attraktivitéit vun eisem Land sinn. Fir d'DP ass et dofir essentiel, fir eng séier a gutt Connectioun mat de wichtegste Groussstied an der Regioun sécherzestellen.
D'DP wäert sech fir séier Verbindunge mat Bréissel, Amsterdam, Köln, Koblenz, Saarbrécken a Frankfurt asetzen. D'DP wëll besonnesch, datt d'Verbindung mat Bréissel e Schnellzuch kritt. Wann néideg, soll de Lëtzebuerger Staat e substantiellen Deel vun der Verbindung tëschent den zwou europäeschen Haaptstied matfinanzéieren.

De grénge Mobilitéitsminister huet d'Zesummenaarbecht mat den Nopeschlänner a Regiounen iwwert déi läscht Joren aktiv gesicht a verstäerkt, fir op eng Modernisatioun vun der Tréierer, der Metzer an der Bréisseler Zuchstreck ze drängen, a fir d'Zuel vun de grenziwwerschreidende Buslinnen ze erhéijen an eis Nopeschregioune besser mat Lëtzebuerg ze verbannen. Dës Efforte wëlle mer weiderféieren, an eis och - zesumme mat gläichgesënnte Regierunge am EU Ministerrot a bei der EU Kommissioun fir méi Invest, besser Maart-Konditioune fir d'Schinn a besser international Verbindungen duerch Europa an tëscht den Haaptstied asetzen, genee wéi och fir attraktiv an erschwénglech Nuetszuch-Verbindungen.

Zuchtransport a Schnellzich mussen ausgebaut ginn, z.B. eng Direktlinn op Bréissel.

An Zesummenaarbecht mat de Nopeschlänner wëlle mir weider multimodal Verkéierskniet un oder hannert der Grenz schafe fir de Grenzverkéier z'erliichteren an op d'Schinn ze kréien. An deem Sënn muss déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht tëschent de politeschen Acteuren (national, regional a kommunal) vill méi intensiv ginn, och mam Ziel fir de gratis ëffentlechen Transport am noen Ausland fir d'Grenzgängerinnen a Grenzgänger anzeféieren. An dësem Kontext gëllt et beispillsweis d'Privatisatiounen um europäeschen Niveau réckgängeg ze maache beim ëffentlechen Transport.

Iwwer de ministerielle Ressort „Grande région", den an dene leschte Joerzéngten zimmlech vernoléissegt gouf.

Hei muss sech de Mobilitéitsministère mat den zoustännegen Institutiounen aus der Groussregioun un een Dësch zesummesetzen, fir konkret Léisungen auszeschaffen. Heifir mussen si natierlech och den Austausch siche mat den Associatiounen, déi d'Leit representéieren, déi am mëschte vun der Problematik betraff sinn, zum Beispill mat der ACEL oder och de Gewerkschaften.

Do ginn et eng séllechen Usätz, déi ëmmer dru scheiteren, datt Lëtzebuerg dee ganzen Zauber soll bezuelen. Eng nei Schinneverbindung a Richtung Däitschland (an zwar iwwer d'Saarland) ass néideg, méi Capacitéiten op de Linnen a Richtung Arel a Metz, och eventuell op der Nordstreck... alles dat soll an der Maach sinn, dat ass et awer scho joerzéngtelaang ouni Resultat. Et ass einfach Zäit, ze handelen!

Et kann een vu Lëtzebuerger Säit och higoen an z.B. Projeten an de Grenzregioune finanzéieren, vun deene Lëtzebuerg e klore Virdeel hätt. Mir denken do z.B. u Park & Ride Méiglechkeeten plus Garen direkt op der Grenz, déi et Frontalieren erlaben, einfach mam Zuch oder Bus direkt vun der Grenz aus hirem Land aus op Lëtzebuerg ze kommen. Mir missten do nach vill méi op déi aner Länner duergoen, well et si mir an eis Aarbechter*innen a Student*innen, déi am meeschten ënnert dem Trafficsproblem leiden.



FRO 36

## Hutt dir hei ee konkret Beispill?

**LSAP**

D'Konzept vum „séieren Tram" fir grouss Agglomeratioune soll virun-entwéckelt a weidergedriwwe ginn, zemools a Richtung vum Süde vum Land.

**DP**

cf. Äntwert 35

**déi gréng**

Mat Däitschland lafen momentan z.B. intensiv Verhandlunge fir den neien „49 Euro" Ticket och fir d'grenziwwerschreidend Buslinne kënnen ze benotzen, oder och fir besser Ubannungen un d'däitscht ICE Netz. Kuerzfristeg wëlle mer eis hei fir zousätzlech Direktzich op Düsseldorf a Stroossbuerg asetzen, genee wéi fir weider Verbindungen op Mannheim, Frankfurt, Saarbrécken, Basel an Zürech. Domadder kréich Lëtzebuerg och e däitlech besseren Uschloss u scho bestoend EU Nuetszich, woubäi mer hei awer zousätzlech nach op Nuetszich Verbindungen tëscht Lëtzebuerg a Südfrankräich, Norditalien an Nordspuenie wäerten drängen
A fir nohalteg Zuchreesen duerch Europa generell méi ze promoten, grad och fir zukünfteg Studenten, wëlle mir all Jonk Erwuessen dozou ermonteren - mat engem Interrail-Ticket vum Staat fir den 18. Gebuertsdag – Europa a seng villfälteg Kulturen, Länner a Mënschen iwwert dëse Wee besser kennen ze léieren, a wie weess... dobäi vläicht och seng zukünfteg Studien-Destinatioun ze entdecken.

**CSV**

Cf. Äntwert op Fro 35

**déi Lénk**

Et ginn jo aktuell schonn Zuchverbindungen tëschend Lëtzebuerg an aneren Universitéitsstied – leider sinn déi net all praktesch, notamment d'Verbindung fir op Bréissel dauert eng Eiwegkeet. Hei muss grenziwwerschreidend zesummegeschafft ginn fir direkt Linnen anzeriichten oder nei Zuchverbindungen ze erschléissen, dat heescht an de Schinneréseau investéieren, nei Schinne léën.

**adr**

Mir wëllen z.B. signifikant Progrèsen op der Zuchstréck fir op Arel, Namur a Bréissel an eng méiglech Zuchverbindung op Saarbrécken. Tëschent der Stad an Esch soll jo och e séieren Tram gebaut ginn, dee kéint, sollt en da kommen, grenziwwerschreidend ginn.


**FOKUS**

All déi Linnen, déi hei driwer genannt goufen. Mee d'Capacitéit vun eisem nationale Réseau muss eropgoen, dat soll se an deene nächste Joeren och (eng Verduebelung ass uviséiert) – a wann dat geschitt, passen och besser groussregional Verbindungen dran. De Stroosseréseau ass elo schon esou voll, datt mer do wierklech virun allem sollten op d'Schinn setzen.

**Volt**

Siehe Fro 35.

***Piraten:*** *keng Äntwert*







THEMEBLOCK 9

# Uni.lu / Belval

ACEL
de Studentevertrieder

## Wéi gesitt dir d'Zukunft vun der Uni.lu?

D'LSAP wëll, datt de héije Niveau vun der Uni Lëtzebuerg an dem Site Belval kontinuéierlech bäibehale ginn. D'LSAP engagéiert sech och 3,5% vum PIB an d'Recherche, d'Entwécklung an d'Innovatioun ze investéieren. Dat dréit och dozou bäi, datt d'Student·innen eng qualitativ héichwäerteg Bildungsoffer kréien.

D'DP wäert d'Lëtzebuerger Héichschoullandschaft qualitativ weiderentwéckelen an der ëffentlecher Fuerschung weider e finanziellen, legalen an infrastrukturelle Kader bidden, fir déi international Exzellenz an den Notze fir eis Gesellschaft ze garantéieren. D'Uni Lëtzebuerg feiert 2023 hiren 20. Anniversaire a kann op eng erfollegräich Entwécklung zeréckkucken. Fir weider de gesellschaftlechen Usprëch gerecht ze ginn an den internationale Qualitéitsstandarden z'entspriechen, wäert d'DP d'Struktur vun der Uni weiderentwéckelen. Fir an de wichtege Beräicher genuch qualifizéiert Leit auszebilden (z.B. Medezin a Gesondheetsberuffer, Enseignanten a Sozialpedagogen), proposéiert d'DP univertéitsintern Schools (Medical School, Educational School).

Déi zukünfteg Entwécklung vun der Universitéit Lëtzebuerg wëlle mir weider un der internationaler Fuerschungslandschaft an un de Besoine vum Land ausriichten. Den Erfolleg vun der Uni wëlle mir dofir och net nëmmen un Héichschoulrankings bemoossen, mee och un der Qualitéit vum Aarbechts- a Liewensëmfeld vun de Fuerschenden an de Studéierenden. Wat de Fonctionnement vun der Uni ugeet, sou wëlle mir d'Matsproocherecht vun de Studéierenden an den Entscheedungsgremie konsequent stäerken.

D'Uni ass e wichtegen an zukunftsweisenden Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg, national wéi international. Als Fuerschungsuniversitéit hëlleft si eiser Industrie, der Wirtschaft an dem ëffentleche Secteur, gutt ausgebillte Leit ze fannen, déi op Erausfuerderunge vu muer viirbereet sinn. Dat gëllt esouwuel fir Geeschteswëssenschaften wéi fir Naturwëssenschaften.
Des Weidere brëngt d'Uni och jonk Leit aus dem noe an och wäitem Ausland op Lëtzebuerg, déi, wann se wëllen, hiert beruffllécht Liewen kënne bei eis ufänken. Mir setzen eis duerfir an, dass eis Uni an den nächste Joren Studiengäng offeréiert, déi et eisem Land an der Groussregioun erlaben, d'Bedierfnesser un ausgebillte jonke Leit hei ze fannen. E Schwéierpunkt wäerten och Medezin- a Gesondheetsberuffer sinn, woubäi mir d'Uni beim Op- an Ausbau ënnerstëtzen. Parallel muss duerfir gesuergt ginn, datt d'Spidols- a Gesondheetsakteuren hei voll matspillen an hëllefen.
Doriwwer eraus mussen och Studiegäng a Fuerschung op dem Gebitt vun der Nohaltegkeet an der gesellschaftlecher Entwécklung op der Uni ugebuede ginn.
Et mussen och weider Ausbildungsplazen fir den Enseignantsberuff geschafe ginn an d'Ausbildung muss un déi aktuell Ufuerderungen an der Grondschoul ugepasst ginn.
An de Medezinstudium zu Lëtzebuerg muss weider ausgebaut ginn.


D'Uni.lu muss virun allem en demokratesche Gouvernancemodell kréien, fir dass den Entscheedungsprozess – wouhin d'Uni sech entwéckele soll – och transparent ka verlafen. déi Lénk wëllen dofir suergen, datt d'Féierungskommissiounen (commissions dirigeantes) innerhalb vun der Universitéit an de Fuerschungsinstituter demokratesch gewielt ginn an datt hir Zesummesetzung paritär ass an all d'Acteuren an dem Domän representéiert (Student:innen, Proffen, Kontraktuell Enseignanten, administrativt Personal déi fir d'Studiegäng responsabel sinn). Mir wëllen dëse Kommissioune villfälteg Kompetenzen iwwerdroen, zum Beispill sollen se iwwert déi strategesch Orientéierung decidéieren a se kontrolléieren, nei Filièren a Léierstill opmaachen, iwwert den Asaz vun de Fongen a d'Astellung vu Personal decidéieren, a.s.w.

Fir d'ADR muss déi Universitéit ausgebaut ginn, virun allem an de MINT-Fächer an an der Medizin. D'Qualitéit vun der Léier an d'Fuerschung musse méi wichteg Critère ginn. Den Departement vun der Geschicht gëtt ëmstrukturéiert an eenzel Beräicher, ewéi déi national Geschicht an d'Geschicht vun der EU, kréien nees méi eege Bedeitung. D'Luxemburgistik soll och méi Gewiicht kréien. Ideologesch Aktivitéiten, ewéi z.B. am "gender", gi komplett gestrach. D'Zësummenaarbecht mat auslänneschen Universitéite gëtt verstäerkt. An eenzelne Beräicher kann d'Uni lokal Kompetenze méi benotzen: Europäesch Recht ( a Cooperatioun ë.a. mat der Europäescher Rechtsakademie zu Tréier), Weltraum (a Cooperatioun mat Stroosbuerg an der ESA).

D'Uni muss hier Offer u Studiegäng weider ausbauen. Ee Beispill heifir ass d'Medezin. D'Piraten wëllen, dass ee mat den Universitéiten an den Universitéitsklinicken aus der Groussregioun zesummeschafft, fir och hei zu Lëtzebuerg a verschiddene Spezialitéite komplett Studiegäng an der Medezin unzebidden.

D'Uni ass am Fong eng Erfollegsgeschicht, an dat muss se bleiwen – duerch relevant Studiegäng, optimal Vernetzung mat der Wirtschaft a mat der akademescher Welt an der ganzer Groussregioun. An e puer spezifesche Partnerschaften doriwwer eraus, déi an originelle Beräicher Plus-value kéinte bréngen – Spëtzentechnologien, och am Energieberäich, Medizin a Biotechnologien, kënschtlech Intelligenz an Ethik...

Bzgl. der Zukunft vun der Uni.lu si mir optimistesch. Si muss onbedéngt weider expandéieren andeems se nei Bachelor- a Master-Studiegäng ubitt. Gläichzäiteg kann een sech och iwwerleeën, jee no Nofro och nei Fakultéiten anzeriichten. Duerch dëse strategesche Wuesstem kann een der Uni erméiglechen, deen opkommende Bedarf no héijer Bildung ze decken an ee bedeitende Beitrag zur akademescher a beruffflecher Entwécklung, sou wéi der Attraktivitéit vu Lëtzebuerg ze leeschten.



FRO 38

## Wéi kann een de Campus Belval méi attraktiv gestalten?

**LSAP**

Mam neie Sportkomplex, deen lo an der Planung ass, mat zousätzleche sportlechen Infrastrukturen, déi och fir d'Student·inne vun der Uni Lëtzebuerg accessibel wäerte ginn, kréien d'Student·innen d'Méiglechkeet enger sportlecher Aktivitéit an adequate Raimlechkeeten nozegoen.
Fir de Campus Belval fir d'Studente méi attraktiv ze gestalten, muss dofir gesuergt ginn, datt niewent enger gudder Ubannung un den ëffentlechen Transport och genuch abordabel Wunnméiglechkeete geschaafe ginn. Donieft, sollt een d'Qualitéit vum Studenteliewen um Site Belval net aus den Ae verléieren. Als LSAP wäerte mir eis och dofir asetzen, datt d'Ëffnungszäite vum „Learning Center" erweidert an un de Besoine vu Studenten ugepasst ginn.

**DP**

Nieft engem héichwäertegen Enseignement ass et och wichteg datt d'Studenten sech um Uni-Campus wuelfillen an eng Plaz hu fir sech no de Coursë mat hire Klassekomeroden ze treffen oder hir Aufgaben ze maachen. D'DP wëll d'Studenteliewen ausserhalb vum Auditoire méi flott gestalten andeems mir den Ausbau vu sportlechen, kulturellen a musikaleschen Aktivitéiten um Uni-Campus fërderen. Och wäert d'DP weider Studentewunnengen um Belval an an der Regioun bauen.

**déi gréng**

Ee Volet ass d'Schafung vu weiderem Wunnraum, fir dass méi studentescht Liewen ausserhalb vun de Coursen a generell um ganze Site stattfënnt. D'Ubannung vum Belval wëlle mir mat engem neie multimodale Couloir mat séierem Tram tëscht Esch-Uelzecht an der Stad an och mat aneren neie Mobilitéitskonzepter am Süde stäerken, dat am Kader vum nationale Mobilitéitsplang 2035, wéi en ënnert dem gréngen Minister François Bausch ausgeschafft gouf. Dëst ass e wichtege Wee, fir de ganze Site weider ze beliewen.

**CSV**

De Campus Belval brauch Studentenheemer déi et erlaben, Studéieren, Liewen an Wunnen ze kombinéieren. Esou entsteet e richtegt Liewen um Campus. Hei mussen och d'Gemenge mat agebonne ginn. Et geet nëmmen zesummen. Och de Fonds Belval muss mat agebonne ginn.Wichteg ass och e reegelméissegen Austausch vun Iddien tëschent allen Akteure vum Site, fir Upassungen ze maachen, wann noutwenneg.

**déi Lénk**

Mir wëllen de Studenten an den Awunner vum Belval 4 Mandater an e Stëmmrecht ginn an den Instanze vun der Agora, sou datt se bei der Entwécklung vum Site kënne matbestëmmen. Mir wäerten appels d'offres elaboréiere fir Commercen um Site vum Belval déi am Virfeld mat de Studenten an den Awunner ofgeschwat sinn. Mir wëllen de Studentinnen a Studenten Versammlungssäll an allen Universitéitsgebaier a Residenzen zur Verfügung stellen, fir Reuniounen tëschent hinnen ze erliichteren.Mir wëlle weider Studentewunnengen um Site schafen an Sportsinfrastrukturen fir d'Student:innen arriichten.

**adr**

Schéin a vill Studentewunnengen, vill Beem a Gréngs, architektonesch Emgestatung vun dene villen eidele Plazen a „Wandkanäl" tëschent de Gebaier.

**PIRATEN**

Et gi verschidde Méiglechkeeten, fir de Campus méi attraktiv ze gestalten. Eng Fuerderung vun de Piraten ass, dass e Studenturm ze bauen. Hei kéinte vill Wunnenge fir Student:inne gebaut ginn an och Caféen oder studentesch Organisatioune kéinten hei Raimlechkeete kréien. Zudeem mussen och Plaze geschaaft ginn, wou Student:innen hir Vëloe sécher ofstelle kënnen. Och d'Fräizäitangebot soll geziilt fir Student:innen ausgebaut ginn.


**FOKUS.**

Virun allem andeems een derfir suergt, datt en de Mëttelpunkt vun eppes gëtt, an net irgendwou um Enn vum Land läit. Souzesuen intellektuell Zentralitéit un der geografescher Peripherie. Dat geet am beschten, wann d'Uni och groussregional geduecht gëtt.

**Volt**

Mir sinn dovunner iwwerzeegt, datt dofir onbedéngt musse méi Studentewunnengen gebaut ginn. Dësen Usaz huet ganz kloer vill Virdeeler. Fir d'alleréischt géif et de Student*innen einfach mol abordabele Wunnraum schafen. Duerno ass et awer och esou, datt dëst d'Potential huet, nach eng gréisser Unzuel vun internationale Student*innen unzezéien. Dës Wunnenge géifen de Student*innen eng gréisser Fräiheet am Liewe bidden er hinne schliisslech och eng gréisser Onofhängegkeet vun hiren Elteren erméiglechen. Am Idealfall striewe mer un, datt e klengt Duerf oder souguer eng Universitéitsstad do entsteet (änlech wéi z.B. zu Louvain-la-Neuve an der Belsch). Dës Entwécklung géif dozou bäidroen, en Ëmfeld ze schafen, dat d'Léieren an d'perséinlech Entwécklung vun de Student*innen positiv fërdert.





THEMEBLOCK 10

# Steiererklärung wärend dem Studium

ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 39
**Sollen Investitiounen am Kader vun engem Studium oder fachspezifesch Käschten kënnen bis zu engem gewësse Grad vun de Steieren ofgesat ginn?**

LSAP: [ ] Jo [x] **Nee**

DP: [ ] Jo [x] **Nee**

déi gréng: [x] **Jo** [ ] Nee

CSV: [x] **Jo** (*) [ ] Nee

déi Lénk: [ ] Jo [x] **Nee**

adr: [x] **Jo** [ ] Nee

Piraten: [x] **Jo** [ ] Nee

Fokus: [x] **Jo** (**) [ ] Nee

Volt: [x] **Jo** [ ] Nee

(*) Am Kader vun eisem Starter-Kit fir Beruffsufänger wëlle mir et erméiglechen, en Deel vun den Ausbildungskäschten als „Charges extraordinaires" ofzesetzen soubal de Student net méi Student ass a Sue verdéngt.

(**) Mir sollten de Steiersystem net nach méi komplizéiert maachen. Mee wann do konsequent Montanten ufalen – dat erschléisst sech aus der Fro net wierklech – da soll dat Berücksichtegung kënne fannen, jo.

## FRO 40
**Sidd dir der Meenung, dass dëst eng Méiglechkeet wier de Standuert Lëtzebuerg fir Student:innen déi am Ausland studéiert hunn méi attraktiv ze maachen?**

**LSAP:** Versteierbarkeet vum Akommes ass eréischt ab 11.265€ am Joer ginn, dowéinst kënnt d'Ofsetze vun den Steieren net a Fro. Eng aner Méiglechkeet fir dëser Problematik entgéintzewierken, wier eng sozial Deel-Upassung vun den finanziellen Hëllefen déi Student·inne kënne kréien.

**DP:** D'DP gesäit an hirem Programm eng Panoplie u Mesurë vir fir jonk Leit steierlech z'entlaaschten. Dozou gehéiert z.B eng reegelméisseg Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, eng eemoleg Exoneratioun vun den Droits d'enregistement beim Kaf vun enger Wunneng oder d'Aféiere vun enger steierfräier Loyersprimme fir jonk Locatairen am Alter vun 18 bis 35 Joer.

**déi gréng:** Dat steierlecht Ofsetze vu Fraisen aus dem Studium, esou wéi et an Däitschland méiglech ass, kéinte mir eis och zu Lëtzebuerg virstellen. Heibäi misst genau definéiert ginn, wat fir Fraisen ofgesat kënne ginn. Amplaz vun enger Ofsetzbarkeet, déi sech just op d'Fraisen aus dem Studium beschränkt, kéinte mir eis och allgemeng steierlech Avantagë fir Berufsufänger:inne virstellen iwwert e sougenannte "Budget bien-être", z.B. fir Ausgaben am Beräich nohalteg Mobilitéit a Logement, fir esou de Start an d'Beruffsliewe méi einfach ze gestalten.

**CSV:** Jo.

**déi Lénk:** Mir hunn zu dëser Thematik keng ausgeschaffte Positioun. Generell si mir der Meenung, dass e Studium keng Investitiounen duerch de Student oder d'Studentin selwer dierf no sech zéien, mee dass dat wat gebraucht gëtt fir e Studium z'absolvéieren mat ëffentleche Gelder zur Verfügung steet. D'Méiglechkeet Käschten steierlech ofzesetzen zu engem spéideren Zäitpunkt ass och net fir all Studéierenden eng realistesch Méiglechkeet, wëll fir den eigentlechen Invest jo awer déi néideg Mëttele gebraucht ginn. Hei kéinten also Ongläichheeten opgrond vun der finanzieller Ausganksposition vun Studéierenden entstoen.
Mir mengen och net, dass d'Ofsetze vu Käschte vun de Steieren e gréisseren Atout fir de Standuert Lëtzebuerg ass. Leit, déi am Ausland studéiert hunn, sichen an éischter Linn de richtege Liewenskader. Se sichen eng anstänneg a bezuelbar Wunneng, Vereenbarkeet tëscht der Aarbecht an der Famill, Fräizäit etc, eng gutt Mobilitéit an generell eng gutt Liewensqualitéit. Dofir géife mir och hei den Hiewel prioritär usetzen.

**adr:** Am Prinzip jo, mee esou Froen am Steierrecht mussen doropshi gepréift ginn ob net Ongerechtegkeeten géintiwwer anere Situatioune geschaafe ginn. D'ADR ass awer op fir esou Diskussiounen.

**Piraten:** Mir Piraten denken net, dass d'Ofsetze vu Bicher, Labosmaterial oder anere Saachen de Standuert Lëtzebuerg direkt méi attraktiv maache wäerten. Mir denken, dass dëst virun allem eng Mesure wier, fir Stéit mat manner Revenu duerch d'Studienzäit ze hëllefen. Wëssend, dass dës Stéit oft keng Steiererklärung maachen, misst hei nach vill sensibiliséiert gi vu Säite vun der Regierung.

**Volt:** Net zwéngend, well et dovunner ofhänkt, ob Student*innen iwwerhaapt, a wann, dann eng Steiererklärung zu Lëtzebuerg maachen. Mir géifen dat éischter als Plus- Value an als Wertschätzung vun de Student*inne vun der Uni.lu gesinn, well deen ofzesetzende Montant net onheemlech héich ausfale géif.

***Fokus:*** *keng Äntwert*

THEMEBLOCK 11

# Schluss




ACEL
de Studentevertrieder

## FRO 41 – Verséchert dir d'ACEL als Vertrieder vun de Student:innen als onverzichtbare Partner vun der Politik weiderhin an Zukunft ze consultéieren?

**LSAP**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**DP – Demokratesch Partei**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**déi gréng**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**CSV**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**déi Lénk**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**adr**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**Piraten**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**Fokus**
[x] **Jo**
[ ] Nee

**Volt**
[x] **Jo**
[ ] Nee

## FRO 42 – Wat sinn allgemeng déi 5 wichtegst Punkten déi dir wéilt an der nächster Legislaturperiod ugoen déi konkret d'Student:innen betreffen?

**LSAP**

D'LSAP setzt an dësem Beräich follgend Prioritéiten:

1. Adaptatioun vun der Bourse d'études sociale un d'Entwécklung vun den Liewenskäschte a Schafe vu méi Studentewunnengen
2. Aféierung vu neie Masterstudiegäng, déi un d'Besoinen vun eiser Gesellschaft ugepasst sinn, wéi Digitalisatioun, respektiv an Secteuren an deenen et un Aarbeschtskraaft felt (Santé oder Handwierk)
3. Upassung vum Gesetz zu de professionelle Stagen, fir besser op d'Besoinen vu post-universitären Stagiairen kënnen anzegoen
4. Entwécklung vun den néidegen Infrastrukturen um Site Belval fir d'Accessibilitéit matt den ëffentlechen Transporter sécherzestellen, wéi och d'Konstruktioun vu sportlechen Infrastrukturen an enger Upassung vun den Horairen vun der Bibliothéik sou wéi vun aneren Plaazen op deenen een autonom léieren kann
5. Entwécklung vun de Konzepter „Open University" an digitalen Amphitheater, esou wéi d'Weiderentwéckle vum Prinzip vum deuxième parcours éducatif an dem Life Long Learning

**DP – Demokratesch Partei**

1. Wunnengsbau: Iwwert de Wee vum massiven Ausbau vum ëffentleche Wunnraum wäerte mir de jonke Leit am Ufank vun hirer berufflecher Karriär bezuelbar Mietwunnengen ubidden a si mat geziilte Mesuren dobäi ënnerstëtzen, sech hiert Eegenheem ze finanzéieren.
2. Studentewunnengen: D'DP wäert d'Offer u bezuelbaren a campus-noë Studentewunnengen erhéijen a privat Initiative fir de Bau vu Studentewunnengen encouragéieren. Mir wäerten och fir bezuelbar Wunnenge fir Beruffsufänger suergen.
3. Ambitiéis Klima-an Energiepolitik: D'DP wäert de Kampf géint de Klimawandel ugoen an eise Wuelstand mat enger responsabeler Energie- a Klimapolitik laangfristeg ofsécheren an dobäi de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen.
4. Zukunftskompetenzen: Mir wäerten d'Bildungschancen an Zäite vum technologeschen a soziale Wandel bäibehalen, andeem mir d'Programmer vun de Grondschoulen a vum Secondaire un d'Besoine vun der technologescher a sozialer Transformatioun vun eiser Gesellschaft upassen;
5. Fiabel Zuchverbindungen: D'DP wäert sech fir séier Verbindunge mat Bréissel, Amsterdam, Köln, Koblenz, Saarbrécken a Frankfurt asetzen. D'DP wëll besonnesch, datt d'Verbindung mat Bréissel e Schnellzuch kritt. Wann néideg, soll de Lëtzebuerger Staat e substantiellen Deel vun der Verbindung tëschent den zwou europäeschen Haaptstied matfinanzéieren.

**déi gréng**

1. Eng konsequent Politik fir Klima- an Naturschutz, fir eisen natierleche Liewensraum ze schützen;
2. D'Schafung vu méi ëffentlechem, abordabelen an nohaltegem Wunnraum;
3. D'Moderniséierung vun eisem Schoulsystem, fir alle Schüler*innen onofhängeg vun hirem Hannergrond méiglechst gutt Bildungschancen ze erméiglechen;
4. Déi nohalteg Transitioun vun eiser Wirtschaft virundreiwen, fir zukunftssécher Aarbechtsplazen ze schafen;
5. Déi multimodal Mobilitéitsoffer weider verbesseren, fir méi Mobilitéit a manner Trafic ze erméiglechen, an esou d'Liewensqualitéit ze verbesseren.

**CSV**

1. D'Prioritéien am Austausch mat der ACEL festhalen;
2. D'Boursë reegelméisseg upassen;
3. De Bau vu Studentewunnenge férderen;
4. D'Attraktivitéit vun der Uni.lu verbesseren (duerch e méi liewege Campus Belval);
5. D'Upassung vum Héichschoulgesetz fir dual Ausbildungen;
6. D'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg steigeren, fir d'Studenten z'encouragéieren, nom Studium zréckzekommen;
7. D'Schafe vu méi Studieplazen an der Enseignantsausbildung fir de Fondamental op der Uni.lu;
8. De weideren Ausbau vum Medezinstudium zu Lëtzebuerg;
9. D'Asetze fir d'Fanne vun internationale Léisungen fir administrativ Problemer op europäeschem Niveau (Sproochtester, Zuchlinnen, Equivalencen etc).

**déi Lénk**

1. Jobgarantie (Jiddereen dee wëll a ka schaffen, soll en aklobaart Recht op eng qualitativ héichwäerteg Formatioun kréien oder op en onbegrenzten Aarbechtskontrakt. Persounen déi vun dëser Mesure wäerte profitéiere musse säit op mannst 2 Joer zu Lëtzebuerg wunnen, iwwer 18 Joer (Aarbechtskontrakt) oder 16 Joer (Formatioun) hunn, aarbechtslos oder onfräiwëlleg ënnerbeschäftegt a bei der ADEM ageschriwwe sinn)
2. Autonomiebäihëllef

3. Zougang zu bëllegem Wunnraum garantéieren an eng Logements Bäihëllef aféieren déi gestaffelt ass no de jeeweilege Ressource vun de Studentinnen a Studenten. Mir ënnerstëtzen och d'Schafung vun thematesche Studentenhaiser.
4. Obligatoresch Bezueleung vu Stagen déi méi laang wéi ee Mount daueren mat obligatorescher Cotisatioun (prise en charge vum Staat vun der part salariale) an d'Rentekees.
5. Ofschafen vun Aschreiwungsgebühren

adr

1. Verbesserung vun der Qualitéit vun de Schoulen a vun der Uni.lu.
2. Verbesserung vum ëffentlechen Transport.
3. International Zësummenaarbecht fir d'Studenten am Ausland ze ënnerstëtzen.
4. Aféierung vun enger Regel, datt all Student am viraus muss vu senger Uni iwwer d'Unerkennung oder d'Net-Unerkennung vu Studiegäng an Diplomer informéiert ginn.
5. Méi Studentewunnengen zu Lëtzebuerg an am Ausland.

PIRATEN

Eis 5 wichtegst Punkte sinn:

1. de Bau vu méi Studentewunnengen;
2. d'Verlängerung vun dem Remboursement vun de finanziellen Aiden;
3. dem Ausbau vun der Offer u Studiegäng, déi ugebuede ginn;
4. de Beruff vun de Fuerscher:inne méi attraktiv ze maachen an
5. d'Ënnerstëtze vun Open-Acces an Open Data Projeten.

FOKUS.

1. De Bildungssystem esou opstellen, datt eis SchülerInnen eng Chance hunn, als StudentInnen ze reusséieren
2. De Logementsproblem endlech an de Gréff kréien, duerch eise ganze Pak un originelle Mesuren, virun allem eng grouss emphyteotesch Bauoffensiv, bei däer den Terrainspräis ka neutraliséiert ginn
3. Spëtzentechnologien och a grad am Energieberäich op Lëtzebuerg an an d'Groussregioun unzéien
4. Partnerschaften tëschent der akademescher an der Aarbechtswelt esou ariichten, datt se all Partner eppes bréngen, och de StudentInnen
5. Eis Uni zu engem global unerkannten Zentrum a relevante Studiegäng an Ausbildunge maachen

Volt

1. Mir wëllen allgemeng vill méi europäesch Zesummenaarbecht, wouvun all Student*in, deen*déi am Ausland ënnerwee ass, profitéiert. Dorënner falen z.B. eng gemeinsam Förderung vu Fuerschung an Entwécklung („research & development") an nach méi Standardiséierung bei de verschiddenen Studiegäng uechter Europa an domat en Iwwerschaffe vun de Bologna- Verträg. Mir wëllen och op europäeschem Niveau ee bëllegen, wa méiglech wéi zu Lëtzebuerg gratis ëffentlechen Transport (z.B. EuroTrain)
2. Mir sëtzen eis fir d'Digitaliséierung op alle Niveauen an, wouvunner och notamment Student*inne profitéieren. Dorënner falen:
   » Förderung vu fräier Software an Open Source
   » Implementéierung a Reegelung vu KI-Technologien (dorënner fällt och d'Ëmgestalte vu ganze Studiegäng, virun allem vun den Evaluatiounen)
   » Méi digital Sécherheet (Eng Erweiderung vum Digital Services Act ass an eisem Programm ze fannen)
3. En Erhéije vum Budget fir Fuerschung an Entwécklung (R&D). Mir wëllen d'Ausgabe vu Lëtzebuerg fir R&D ëm 0,1%-Punkte pro Joer erhéijen, fir bis 2035 3% z'erreechen.
4. Fir d'Uni.lu a Lëtzebuerg méi accessibel ze maachen, wëlle mer géint d'Wunnengsproblematik endlech richteg bekämpfen an de soziale Mietmanagement färderen, d'Recht fir bezuelbare Wunnraum fir alleguer schafen, Locatairen bei hirem Loyer ënnerstëtzen, méi a méi dichte soziale Wunnengsbau schafen an d'Grondsteierreform ugoen (am Walprogramm dozou méi).
5. Schlussendlech wëlle mir mat engem standardiséierten europäesche Schoulsystem och d'Premièresdiplomer komplett iwwerschaffen an harmoniséieren. Déi duerch eng europäesch Première erlaangten „Matura" oder „Hochschulreife" ass europawäit héich unerkannt an domadder wier ee fir allemol Schluss mat der Problematik, datt Lëtzebuerger Primaner*innen Problemer hunn, op enger europäescher Uni ugeholl ze ginn.



ACEL

de Studentevertrieder